

# DE FUUSS

## INFORMATIOUNEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG

1 | 2026

BULLETIN COMMUNAL



*Foto: Damaris*

*Coverfoto: Olivier Glod*

# DËST STEET HEI DRAN


Virwuert 3

## D'GEMENG
### *LA COMMUNE*

Gemengerot 5
Conseil communal 10
De Budget 2026 vun der Gemeng Waldbëlleg 16
Zivilstand // État civil 18
Mir gratuléieren! 18
#BAMCHALLENGE 2025 – De Schäffen- a Gemengerot ass derbäi 19
Commemoratiounsdag 2025 20
Plus de 76 000 pages et 12 000 actes numérisés : un beau défi relevé par l'administration communale Waldbillig 22
Interview mam Conseiller Serge Boonen 24
Interview mat der Madamm Gorete Da Rosa Ricardo 26
Äddi 2025! 28
Neijoerschpatt an der Gemeng 29

## SCHOUL & MAISON RELAIS
### *ÉCOLE & MAISON RELAIS*

Schoul 33
Maison relais 41
Adventsmaart zu Waldbëlleg – eng flott Editioun 44
#BAMCHALLENGE 2025 – Och d'Eltere sinn drun 46

## VERÄINER
### *ASSOCIATIONS*

D'Aeromodelliste vu Chrëstnech 49
FC Olympia Chrëstnech Waldbëlleg 52
News vum Turnveräin Ëmmer Fit 54

## KULTUR A GESCHICHT
### *CULTURE ET HISTOIRE*

UERGELFRËNN WALDBËLLEG 57
Diplomer an der Museksschoul 60
Bichersail – boîte à livres – book booth in Waldbillig 62
De Fielswee Nummer 1 64

## LIEWEN AN DER GEMENG
### *VIE RURALE*

Meet and Greet 2025 67
Chrëschtmaart op der Millen 70
Adventsfënsteren 74
Père Robert Kuzwela Mulanda 77
Petite Suisse Country Club 78
D'Populatioun vun der Gemeng Waldbëlleg 80
An der Gemeng Waldbëlleg sinn nuets d'Stroosseluuchten aus 82
OSKIN op neier Adress 84
Faszination Trockenmauern – De Wiichtel Wumm 85
Police Lëtzebuerg 86

## KLIMAPAKT AN NATURPAKT
### *PACTE CLIMAT ET PACTE NATURE*

Klimapakt 89
Der Naturpakt: Engagement für Biodiversität und Lebensqualität in Waldbillig 92
Eng lokal Energiecommunautéit zu Haler: Stroum deelen – fir jiddereen e Gewënn 94
Assemblée Générale vum Energiepark Mëllerdall 95
#BAMCHALLENGE 2025 – De Klimateam vun der Gemeng Waldbëlleg mécht mat! 96
En zweet Liewe fir Zigarettestëmp 97
École du Goût 98

## WAT ASS LASS AN DER GEMENG?
### *QUE FAIRE DANS LA COMMUNE ?*

Agenda 101
Gemengerot 103
Labomobile 103
Restauranten a Caféën 103


## VILL FREED BEIM LIESEN!
## *BONNE LECTURE !*



*D'Redaktioun war iessen, zesumme mat de Mataarbechter vun der Gemeng.*
*Vir vu lénks: Martine Dimmer, Joëlle Duschang, Luc Friedrich, Filipe Soares*
*Hanne vu lénks: Yolande Kirsch, Isabelle Oberlé, Corinne Meyers, Marc Barthelemy, Susanne Hangarter*

*Foto: Christine, Restaurant Reilander Millen*


**Impressum**

Redaktioun vum FUUSS: Marc Barthelemy, Luc Friedrich, Yolande Kirsch, Corinne Meyers, Isabelle Oberlé, a Karin Enser fir d'Korrekturen
Reegelméisseg Fotoen: Damaris Pletschette, Olivier Glod, Georges Koster
Hëllef op der Gemeng: Martine Dimmer, Joëlle Duschang, Andrée Henx-Greischer, Kim Ruppert, Filipe Soares

Grafesch Gestaltung: Susanne Hangarter
Drock: Imprimerie de l'Est, Iechternach.
Responsabelen Éditeur: Gemeng Waldbëlleg

*Ënnerschriwwen Artikelen drécken d'Vuë vun den Auteuren aus a ginn ënner hirer Responsabilitéit publizéiert.*
*Am FUUSS gëtt meeschtens net gegendert, mee de Generis masculinum geholl. Frae gi mat si/se bezeechent.*

# VIRWUERT

## Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

d'Joer 2026 huet just ugefaangen, a wéi ëmmer gëtt et net manner Aarbecht. D'Ufuerderungen un d'Gemeng ginn ëmmer méi grouss. Am Dezember 2025 gouf eise Budget eestëmmeg am Gemengerot gestëmmt an déi verschidde Projete vun der Gemeng lafen nom Wantercongé gutt virun.

Beim Ausbau vun der Gemeng gëtt weider un de Bannen-aarbechte geschafft, bausse steet nach d'Stee, fir d'Fassaden-aarbechten ofzeschléissen. Duerno soll et mat de Baussen-anlage weidergoen. Mir plangen, am Juni nees zeréck op Waldbëlleg ze plënneren, an eis nei Gemeng.

De Schoulausbau mat de fënnef neie grousse Säll an den dräi klenge Säll ass geschwënn ofgeschloss. Fir den neie Schoulufank am Hierscht kënnen déi nei Säll a Betrib geholl ginn.

Eis nei Projete sinn de Bau vun der Waasserleitung Wald-bëlleg-Mëllerdall, d'Erneiere vun de Stroosse Rue de la Montagne zu Waldbëlleg, an der Loetsch zu Chrëschtnech.

D'Vitess an eisen Dierfer stellt e grousse Probleem duer, deem mir eis bewosst sinn. Mir schaffen drun, fir d'Vitess an eisen Dierfer op 30 km/h erofzesetzen. Dëst ass just ëmsetzbar mat bauleche Moossname fir d'Verkéiers-berouegung.

D'Stroossebeliichtung gëtt op weidere Plazen op LED ëm-gerëscht.

Dëst Joer hu mir nees en Audit am Klimapakt, fir dee mir de Status GOLD ustriewen.

Heimat hutt Dir e klengen Abléck an eis Aarbecht, déi fir d'Joer 2026 usteet.

D'Joer 2026 gëtt awer och e Joer vum Feieren: D'Gemeng organiséiert Feierlechkeeten zu Éiere vum Michel Rodange sengem 150. Doudesdag. Verschidde lokal Veräiner feieren en Anniversaire, wéi den FC Olympia. Eist traditionellt Duerffest fënnt den 19. Juli zu Waldbëlleg statt.

Am Summer vum leschte Joer hunn de Gil Kohn an den Jorge de Oliveira an der Administratioun ugefaangen, an de Service vun de Baute gouf vum November u mat der Laurence Habscheid verstäerkt.



*Trixi, déi 2000. Biergerin vun der Gemeng.*
*Merci un hir Elteren Kätty & Mike Michels-Kaes*

Mir hunn déi grouss Freed, eisen 2000. Awunner ze begréissen. Wëllkomm Trixi Lony Michels: Mir wënschen dir vill Freed mat denger Famill an eiser schéiner Gemeng.

E grousse Merci geet un all eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter, de Gemengerot, d'Membere vun de Kommissiounen, d'Veräiner, d'Betriber an d'Biergerinnen a Bierger aus eiser Gemeng! Dir all hutt derzou bäige-droen, dass d'Joer 2025 esou produktiv an erfollegräich war! Mir freeën eis op eng gutt Zesummenaarbecht am Joer 2026!

Vill Freed beim Liese vum éischte FUUSS fir 2026.

*Äre Schäfferot*

**D'Adress vun der Gemeng:**
**7, Fielserstrooss,**
**L-7640 Chrëschtnech**

Foto: Olivier Glod



# D’GEMENG // *LA COMMUNE*

# GEMENGEROT

Vun de Sëtzungen am Gemengerot ginn am FUUSS d'Decisioune publizéiert, déi de Gemengerot geholl huet.

D'Audio-Opname vun den Debatte ginn als Audiodatei um Internetsite ***www.waldbillig.lu*** fir sechs Méint gespäichert, an der Rubrik ***Quotidien*** mam Titel ***Séance du conseil communal***.

# GEMENGEROTSSËTZUNG 2025/5

**Sëtzung vum Mëttwoch, 08.10.2025**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// Meyers Corinne,
// TOBES Romain, Schäffen,
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// BOONEN Serge,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

**Dagesuerdnung:**

| | |
|---|---|
| | **Net ëffentlech Sëtzung** |
| 2025-06-01 | Personalaffär. |
| | **Ëffentlech Sëtzung** |
| 2025-06-02 | Projet fir punktuell Ännerungen vum allgemenge Bebauungsplang vun der Gemeng Waldbëlleg (PAG). |
| 2025-06-03 | Neientwécklungsprojet fir d'Géigend ronderëm d'Gemeng. |
| 2025-06-04 | Beschloss betreffend d'Austrieden aus der Atomenergie a Färderung vun erneierbaren Energien. |
| 2025-06-05 | Ännerungen am ordinäre Budget. |
| 2025-06-06 | Taxereglement fir zweet Residenzen. |
| 2025-06-07 | Bestätege vun engem temporäre Verkéiersreglement. |
| 2025-06-08 | Decisioun iwwer d'Unzuel vu reservéierten Zëmmeren am Kader vum Vergréisserungsprojet vum CIPA Jonglënster. |
| 2025-06-09 | Konzessiounen op Kierfechtsparzellen zu Waldbëlleg, Chrëschtnech an Haler. |
| 2025-06-10 | Prinzippienentscheedung iwwer d'Gespréicher tëscht dem Schäfferot an dem Baron de Schorlemer iwwer eng méiglech Realisatioun vun engem multifunktionelle Wee. |
| 2025-06-11 | Approbatioun vun zwee Verkafsakten. |
| 2025-06-12 | Joresplang fir d'Gestioun vun de Gemengebëscher. |
| 2025-06-13 | Gebrauch vum Virkafsrecht fir verschidde Parzellen zu Waldbëlleg. |
| 2025-06-14 | Ufro fir ee Morcellement vun engem Terrain zu Chrëschtnech. |
| 2025-06-15 | Subsidufroen. |
| 2025-06-16 | Divers. |

**De Gemengerot:**

**1.** entscheet eestëmmeg d'Reduktioun vum provisoresche Service op 12 Méint vun enger Gemengebeamtin;

**2.**

- gëtt säin Accord fir de Projet vu punktuellen Ännerungen an de schrëftlechen a grapheschen Deeler vum allgemenge Bebauungsplang vun der Gemeng Waldbëlleg (PAG) zu Chrëschtnech, Haler, Mëllerdall a Waldbëlleg. De Projet beinhalt d'Erklärung, d'Virbereedungsetuden, d'Presentatiounsfichen, de Konformitéitsprotokoll, de schrëftlechen Deel an de grafeschen Deel;

- beoptraagt de Schäfferot, d'Prozedur anzeleeden, esou wéi se am geännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwer d'Gemengeplanung an d'urban Entwécklung, a vum Gesetz vum 15. Mee 2018 virgesinn ass, vum Impakt vum Projet op d'Ëmwelt;

- beoptraagt de Schäfferot, d'Prozedur anzeleeden, esou wéi se am geännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwer d'Gemengeplanung an d'urban Entwécklung

virgesinn ass, betreffend d'Upasse vun de betraffenen Dispositiounen am Plan d'aménagement particulier „quartiers existants", dëst als logesch Konsequenz zur ageleeter ëffentlecher Prozedur vun de punktuellen Ännerunge vum PAG;

**3.**

a. entscheet eestëmmeg de Neientwécklungsprojet fir d'Géigend ronderëm d'Gemeng, ausgeschafft vun Daedalus Engineering, fir e Betrag vun insgesamt 1.346.482,80 €;

b. entscheet eestëmmeg de Projet betreffend d'Gestaltung vun der André-Hentges-Strooss, och vum Büro Daedalus Engineering ausgeschafft, fir e Gesamtbetrag vu 520.650,00 €;

**4.** entscheet eestëmmeg, seng Oppositioun zur Atomenergie ze bestätegen, an d'Entwécklung vun den erneierbaren Energien aktiv ze ënnerstëtzen;

**5.** entscheet eestëmmeg, verschidden Ännerungen am ordinäre Budget ze bewëllegen mat engem Gesamtbetrag vun 98.950,00 € fir zousätzlech Ausgaben;

**6.** beschléisst eestëmmeg, pro Résidence secondaire eng Tax vu 600,00 € pro Joer ze berechnen;

**7.** entscheet eestëmmeg, dat provisorescht Verkéiersreglement an der André-Hentges-Strooss zu Waldbëlleg ze bestätegen, bis d'Aarbechte fäerdeg sinn, esou wéi den 9. September 2025 vum Schäfferot beschloss;

**8.** entscheet eestëmmeg d'Reservatioun vun engem Zëmmer am Kader vum Vergréisserungsprojet vum CIPA Jonglënster;

**9.** entscheet eestëmmeg, d'Konzessioune fir d'Kierfechter zu Waldbëlleg, Chrëschtnech an Haler, fir eng Dauer vu 15 Joer, respektiv 30 Joer ze accordéieren;

**10.** entscheet eestëmmeg, säin Accord de principe ze gi fir d'Weiderféiere vun de Verhandlunge vum Schäfferot mam Baron de Schorlemer am Kader vun enger eventueller Gestaltung vun engem multifunktionelle Wee;

**11.** entscheet eestëmmeg, säin Accord fir zwee Nottärsakten ze gi vum 9. September 2025, geschloss mat de Besëtzer vum Camping Cascades am Mëllerdall, betreffend de Verkaf vun hiren Immobilien, Sektioun D am Mëllerdall, fir e Gesamtbetrag vun 2.700.000,00 €;

**12.** hëlt eestëmmeg de Joresplang u fir d'Gestioun vun de Gemengebëscher fir den Exercice 2026, opgestallt vum regionale Bezierkschef vun der Natur- a Bëschverwaltung an eisem Fierschter Joé Mensen, deen dësen an der Sëtzung presentéiert huet;

| | Salairen | Rechnungen | **Investissementer** | **Einnamen** |
|---|---|---|---|---|
| Nohalteg Gestioun a Schutz vun de Bëscher | 48.550,00 | 57.760,00 | 106.310,00 | 88.860,00 |
| Sensibiliséierung an Informatioun vun der Ëffentlechkeet | 6.000,00 | 5.000,00 | 11.000,00 | |
| Logistik a Personal | 4.000,00 | 40.500,00 | 44.500,00 | |
| | 58.550,00 | **103.260,00** | **161.810,00** | **88.860,00** |

**13.** entscheet eestëmmeg, säi Virkafsrecht net geltend ze maache fir d'Parzellen an der Gemeng Waldbëlleg, Sektioun B vu Waldbëlleg, ageschriwwen am Kadaster ënner den Nummere 562, 656/1147, 657/1148, 660/2, 661, 1371/3200, 1372/3201, 1372/3202;

**14.** bewëllegt eestëmmeg de Morcellement an zwou Parzellen vun engem Terrain, ageschriwwen am Kadaster ënner der Nummer 1978/4071, Sektioun C vu Chrëschtnech, um Uert „Bei der Oligsmuehle";

**15.** entscheet eestëmmeg, den heite Vereenegungen e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen:

- Dignity asbl
- ONGD-FNEL asbl;
- Fondation Luxembourg – El Salvador;
- Landjugend Dikkrich asbl, am Kader vum 50. Landjugenddag.

# GEMENGEROTSSËTZUNG 2025/6

**Sëtzung vum Dënschdeg, 18.11.2025**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// Meyers Corinne,
// TOBES Romain, Schäffen,
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// BOONEN Serge,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.



*De Schäfferot. Foto Joëlle Duschang*

**Dagesuerdnung:**

| | **Ëffentlech Sëtzung** |
|---|---|
| 2025-07-01 | Projet betreffend d'Leitung fir den Uschloss vun der Pompelstatioun am Mëllerdall un den Drénkwaasserbehälter um Seitert. |
| 2025-07-02 | Decisioun iwwer d'Verlängerung vum Mandat vun der Delegéierter vun der Gemeng am Verwaltungsrot vum Office social an der Fiels. |
| 2025-07-03 | Accord vun enger Konzessioun um Haler Kierfecht. |
| 2025-07-04 | Konventioun mat der Stad Iechternach betreffend d'Notze vun der Waldbëlleger Sportshal a Cafeteria. |
| 2025-07-05 | Approbatioun vun de Pachtverträg vu Gemengenterrainen. |
| 2025-07-06 | Avis zu der Propositioun fir eng Adaptatioun vum Gemengereglement iwwer d'Offallgestioun, déi vun enger Famill aus der Gemeng agereecht gouf. |
| 2025-07-07 | Avis zu engem Bréif vu verschiddenen Awunner aus der Rue Laach zu Waldbëlleg, iwwer d'Ofschalte vun der Beliichtung an hirer Strooss wärend engem Deel vun der Nuecht. |
| 2025-07-08 | Gebrauch vum Virkafsrecht betreffend eng Parzell zu Waldbëlleg. |
| 2025-07-09 | Prinzippienentscheedung iwwer d'Organisatioun vun de Feierlechkeete fir 2026 a 2027 zu Éiere vum Michel Rodange. |
| 2025-07-10 | Extraordinär Subsidufroen. |
| 2025-07-11 | Subsidufroen. |
| 2025-07-12 | Divers. |

**De Gemengerot:**

1. approuvéiert de Projet vun der Waasserleitung fir den Uschloss un der Pompelstatioun am Mëllerdall un den Drénkwaasserbehälter um Säitert zu Haler. Dëse Projet gouf vum Bureau Daedalus Engineering erstallt, fir ee Gesamtbetrag vu 437.123,50 € TTC, inklusiv d'Ingenieurshonorairen;

2. spriécht sech aus fir d'Bäibehale vun der Madamm Françoise Schintgen als Delegéiert vun der Gemeng Waldbëlleg am gemeinsame Sozialbüro aus der Fiels;

3. accordéiert eestëmmeg eng Konzessioun um Kierfecht zu Haler fir eng Dauer vu 15 Joer;

4. entscheet eestëmmeg, d'Konventioun mat der Stad Iechternach ze approuvéieren, betreffend d'Notze vun der Waldbëlleger Sportshal a Cafeteria. Dës Konventioun reegelt d'Tariffer souwéi d'Rechter an d'Obligatiounen;

5. geneemegt eestëmmeg d'Pachtverträg fir Terrainen zu Chrëschtnech, Waldbëlleg an Haler fir d'Dauer vum 01.11.2025 bis den 31.10.2031, wéi vum Schäfferot proposéiert, am Aklang mat de Recommandatioune vun de Membere vum Naturpakt am Kader vum Erhale vun der Biodiversitéit a vum Waasserschutz;

**6.** beschléisst eestëmmeg, de Propositioune vun enger Famill net Rechnung ze droen, fir d'Reglement vun den Taxe fir den Offall ze änneren, op Bezuch vun integréierte Wunnengen;

**7.** entscheet eestëmmeg:

- der Ufro net nozekommen vu verschiddene Bierger aus der Rue Laach, fir d'Stroossebeliichtung d'ganz Nuecht unzeloossen, fir d'Sécherheetsgefill ze stäerken, an decidéiert, d'ëffentlech Beliichtung weiderhin an der Nuecht wéi bis elo auszeschalten vun 01:00 bis 04:30 Auer;

- réit de Bierger, déi sech onsécher fillen, eng Ufro bei der Police ze maachen, fir eng perséinlech Berodung ze kréien, fir esou hiert perséinlecht an individuellt Sécherheetsgefill ze stäerken;

**8.** entscheet eestëmmeg, säi Virkafsrecht net geltend ze maache fir d'Parzell an der Gemeng Waldbëlleg, Sektioun B vu Waldbëlleg, ageschriwwen am Kadaster ënner den Nummere 501/171, mat enger Fläch vun 8 Ar an 80 Zentiar;

**9.** sprécht sech eestëmmeg fir de Festivitéitsprogramm aus, am Kader vun de Feierlechkeeten zu Éiere vum Michel Rodange fir 2026 a 2027, esou wéi vun den Initiateuren, den Häre Jean-Luc Schleich a Marc Barthelemy proposéiert;

**10.**

a. entscheet eestëmmeg, een extraordinäre Subsid vun 3.000,00 € zu Gonschte vun der Asbl Uergelfrënn Waldbëlleg ze accordéieren am Kader vun der Organisatioun vun hirem Jubiläumsjoer 2026;

b. entscheet eestëmmeg, een extraordinäre Subsid ze accordéiere vun 2.850,12 € zu Gonschte vun der Waldbëlleger Musek, fir d'Hallschent vun hire Locatiounsfraise vun der d'Bünebeliichtung ze decken am Kader vun hirem Galaconcert vum 07.02.2026;

**11.** entscheet eestëmmeg, den heite Vereenegungen e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen:

- Médecins sans frontières;
- Athénée action humanitaire;
- Little Angels;
- Mitica Association d'aide à l'Enfance.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2025/7

**Sëtzung vum Donneschdeg, 11.12.2025**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// Meyers Corinne,
// TOBES Romain, Schäffen,
// BERENS Christian,
// BOONEN Serge,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt:

// BENDER Maxime Conseiller:
hien huet dem Schäffen TOBES Romain eng Procuratioun ginn, fir a sengem Numm ze stëmmen.

**Dagesuerdnung:**

| | **Ëffentlech Sëtzung** |
|---|---|
| 2025-08-01 | Korrigéierte Budget 2025. |
| 2025-08-02 | Budget 2026. |
| 2025-08-03 | Accord vun enger Konzessioun um Waldbëlleger Kierfecht. |
| 2025-08-04 | Verlängerung vun den Ausschankauerzäiten an der Gemeng Waldbëlleg op verschidde Festivitéiten am Joer 2026. |
| 2025-08-05 | Gebrauch vum Virkafsrecht betreffend Parzellen um Gemengenterritoire vun der Waldbëlleger Gemeng. |
| 2025-08-06 | Ufro fir e Morcellement vun enger Parzell zu Chrëschtnech. |
| 2025-08-07 | Accord iwwer d'Opléisung vum Gemengesyndikat fir d'Konstruktioun, d'Exploitatioun an d'Ënnerhale vun engem Waasserverdeeler zu Suewelbuer-Freckeisen. |
| 2025-08-08 | Approbatioun vun engem Compromis fir den Tosch vun Terrainen. |
| 2025-08-09 | Subsidufroen. |
| 2025-08-10 | Divers. |

**De Gemengerot:**

**1.** stëmmt eestëmmeg fir den ugepasste Budget vum Exercice 2025, wéi hei drënner opgeléscht:

| | |
|---|---|
| Aussergewéinlech Einnamen: | 9.873.095,16 € |
| Aussergewéinlech Ausgaben: | 15.095.381,15 € |
| Ordinär Einnamen: | 10.724.668,42 € |
| Ordinär Ausgaben: | 7.870.945,51 € |
| Report 2024: | 3.399.544,71 € |
| Geschatene Boni Enn 2025: | 1.030.981,63 € |

**2.** stëmmt eestëmmeg de Budget vum Exercice 2026, wéi hei drënner opgeléscht:

| | |
|---|---|
| Aussergewéinlech Einnamen: | 6.817.016,00 € |
| Aussergewéinlech Ausgaben: | 9.905.717,80 € |
| Ordinär Einnamen: | 11.164.677,12 € |
| Ordinär Ausgaben: | 8.864.959,34 € |
| Geschatene Report Enn 2025: | 1.030.981,63 € |
| Definitive Boni 2026: | 241.997,61 € |

**3.** entscheet eestëmmeg, eng Konzessioun um Kierfecht zu Waldbëlleg fir eng Dauer vu 15 Joer ze accordéieren;

**4.** entscheet eestëmmeg, d'Auerzäite fir den Ausschank vun alkoholeschem Gedrénks op verschiddene Fester an der Gemeng Waldbëlleg bis dräi Auer moies op den heiten Datumer ze verlängeren:

| | |
|---|---|
| **Nationalfeierdag:** | vum 22.06.2026 bis 23.06.2026 |
| **Kiermessen:** | |
| Haler | vu samschdes bis sonndes<br>vu sonndes bis méindes |
| Chrëschtnech | vu samschdes bis sonndes<br>vu sonndes bis méindes |
| Waldbëlleg | vu samschdes bis sonndes<br>vu sonndes bis méindes |
| **Silvester:** | vum 31.12.2026 bis 01.01.2027 |

**5.**

a. entscheet eestëmmeg, säi Virkafsrecht net geltend ze maache fir d'Parzell an der Gemeng Waldbëlleg, Sektioun A vun Haler, um Uert „Auf der Haenericht", ageschriwwen am Kadaster ënner der Nummer 318/2128, mat enger Fläch vu 27 Ar a 35 Zentiar;

b. entscheet eestëmmeg, säi Virkafsrecht net geltend ze maache fir d'Parzell an der Gemeng Waldbëlleg, Sektioun A vun Haler, um Uert „Rue des Romains", ageschriwwen am Kadaster ënner der Nummer 954/2216, mat enger Fläch vun 10 Ar an 20 Zentiar;

c. entscheet eestëmmeg, säi Virkafsrecht net geltend ze maache fir d'Parzell an der Gemeng Waldbëlleg, Sektioun B vu Waldbëlleg, um Uert „Rue de la Montagne", ageschriwwen am Kadaster ënner der Nummer 437/4833, mat enger Fläch vu 4 Ar an 1 Zentiar;

**6.** bewëllegt eestëmmeg de Morcellement an dräi Parzellen vun engem Terrain, ageschriwwen am Kadaster ënner der Nummer 64/4655, Sektioun C vu Chrëschtnech, um Uert: „Fielserstrooss";

**7.** entscheet eestëmmeg d'Opléisung vum Syndikat fir d'Konstruktioun, d'Exploitatioun an d'Ënnerhale vun engem Waasserverdeeler zu Suewelbuer-Freckeisen a geneemegt d'Konditiounen, ënner deenen d'Opléise stattfënnt;

**8.** entscheet eestëmmeg, säin Accord ze gi fir de Compromis vun engem Tosch vun Terrainen. D'Gemeng tauscht hir Parzell, Kadaster Nummer 744/1885, Sektioun A vun Haler, um Uert „Hinter der Hoecht" mat enger Fläch vu 27 Ar a 50 Zentiar géint d'Parzell, Kadaster Nummer 1112/518, Sektioun D vu Mëllerdall, um Uert „Moellerdall", mat enger Fläch vu 17 Ar an 80 Zentiar. Dësen Tosch geschitt am Interessi vun der Ëffentlechkeet; d'Parzell am Mëllerdall déngt der Realisatioun vu Parkplazen;

**9.** entscheet eestëmmeg, den heite Vereenegungen e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen:

- Fleegeelteren Lëtzebuerg;
- Fondation Partage Luxembourg;
- Chrëschtlech Solidaritéit International asbl – ONG agréée;
- Ecpat Luxembourg;
- Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service coopération a.s.b.l.;
- Service de consultation et d'aide (Scap).

# CONSEIL COMMUNAL

Les décisions du conseil communal, sont publiées au bulletin communal FUUSS.

Les débats sont enregistrés et publiés comme fichier audio sur le site ***www.waldbillig.lu*** pendant six mois, sous la rubrique ***Quotidien*** avec l'intitulé ***Séance du conseil communal***.

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2025/5

**Séance du mercredi 08.10.2025**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// Meyers Corinne,
// TOBES Romain, échevins,
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// BOONEN Serge,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

**ORDRE DU JOUR**

| | |
|---|---|
| | **Séance à huis clos** |
| 2025-06-01 | Affaire de personnel communal. |
| | **Séance publique** |
| 2025-06-02 | Projet de modifications ponctuelles du plan d'aménagement général de la commune de Waldbillig (PAG). |
| 2025-06-03 | Projet de réaménagement des alentours de la maison communale en extension au centre de Waldbillig. |
| 2025-06-04 | Résolution relative à la sortie du nucléaire et au développement des énergies renouvelables. |
| 2025-06-05 | Modifications budgétaires ordinaires. |
| 2025-06-06 | Règlement taxe sur les résidences secondaires. |
| 2025-06-07 | Confirmation d'un règlement temporaire de circulation. |
| 2025-06-08 | Décision sur le nombre de chambres à réserver dans le cadre du projet d'extension du Cipa Junglinster. |
| 2025-06-09 | Concessions des cimetières de Waldbillig, Christnach et Haller. |
| 2025-06-10 | Décision de principe concernant les pourparlers du collège échevinal avec le baron de Schorlemer au sujet d'un éventuel aménagement d'un chemin multifonctionnel. |
| 2025-06-11 | Approbation de deux actes de vente. |
| 2025-06-12 | Plan de gestion annuel des forêts communales. |
| 2025-06-13 | Exercice du droit de préemption concernant des parcelles sises à Waldbillig. |
| 2025-06-14 | Demande de morcellement d'un terrain sis à Christnach. |
| 2025-06-15 | Demandes de subside. |
| 2025-06-16 | Divers. |

**Le conseil communal :**

**1.** décide unanimement d'accorder une réduction du service provisoire de 12 mois à une employée communale ;

**2.**

- marque son accord au lancement de la procédure du projet de modifications ponctuelles dans les parties écrite et graphique du plan d'aménagement général (PAG) à Christnach, Haller, Mullerthal et Waldbillig comprenant notamment l'explication, l'étude préparatoire, les fiches de présentation, le protocole de conformité, la partie écrite et les parties graphiques ;

- charge le collège des bourgmestre et échevins d'entamer la procédure telle que spécifiée dans la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, et la loi du 15 mai 2018 relative à l'évaluation des incidences sur l'environnement ;

- charge le collège des bourgmestre et échevins d'entamer la procédure telle que spécifiée dans la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain tendant à modifier les dispositions afférentes dans le Plan d'aménagement particulier « quartiers existants » résultant en conséquence logique des modifications ponctuelles du PAG lancées en procédure publique ;

**3.**

a. décide unanimement d'approuver le projet de réaménagement des alentours de la maison communale à Waldbillig, dressé par Daedalus Engineering, au montant de 1.346.482,80 € TVA et honoraires d'ingénieurs compris ;

b. décide unanimement d'approuver le projet de réaménagement de la rue André Hentges, dressé par Daedalus Engineering au montant de 520.650,00 € TVA et honoraires d'ingénieurs compris ;

**4.** décide unanimement d'affirmer son opposition ferme à l'énergie nucléaire et de soutenir activement le développement des énergies renouvelables ;

**5.** décide unanimement d'approuver les modifications budgétaires ordinaires proposées au montant d'une dépense supplémentaire 98.950,00 € ;

**6.** approuve unanimement de fixer le montant de la taxe sur les résidences secondaires à 600,00 € par an et par résidence secondaire ;

**7.** décide à l'unanimité des voix de confirmer le règlement temporaire de circulation de la commune de Waldbillig dans la rue André Hentges à Waldbillig, et ce jusqu'à la fin des travaux prévus, selon la décision du collège échevinal de Waldbillig du 9 septembre 2025 ;

**8.** décide unanimement de confirmer la réservation d'une chambre dans le cadre du projet d'extension du Cipa de Junglinster ;

**9.** décide unanimement d'accorder des concessions sur les cimetières de la commune de Waldbillig, Christnach et Haller, pour les durées de soit 15 ans soit 30 ans ;

**10.** décide unanimement de marquer son accord de principe à l'avancement du projet concernant les pourparlers du collège échevinal avec le baron de Schorlemer au sujet d'un éventuel aménagement d'un chemin multifonctionnel ;

**11.** décide unanimement de marquer son accord aux actes de vente notariés du 9 septembre 2025, avec les propiétaires du camping Cascades à Mullerthal, concernant la vente des immeubles sises section D de Mullethal pour un montant total de 2.700.000,00 euros ;

**12.** approuve unanimement le plan de gestion des forêts communales de l'exercice 2026, établi par le chef d'arrondissement régional et le préposé du triage de Consdorf de l'administration de la nature et des forêts, et présenté par le garde-forestier Joé Mensen pendant la séance de ce jour ;

| | Salaires | Factures | **Investissements** | **Recettes** |
|---|---|---|---|---|
| Gestion durable et protection des forêts | 48.550,00 | 57.760,00 | 106.310,00 | 88.860,00 |
| Sensibilisation et information du public | 6.000,00 | 5.000,00 | 11.000,00 | |
| Logistique et personnel | 4.000,00 | 40.500,00 | 44.500,00 | |
| | 58.550,00 | 103.260,00 | **161.810,00** | **88.860,00** |

**13.** décide unanimement de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant les parcelles sises dans la commune de Waldbillig, section B de Waldbillig, inscrites au cadastre sous les numéros 562, 656/1147, 657/1148, 660/2, 661, 1371/3200, 1372/3201, 1372/3202 ;

**14.** décide unanimement de marquer son accord au projet de morcellement du terrain inscrit au cadastre sous le numéro 1978/4071, section C de Christnach, lieu-dit « Bei der Oligsmuehle », en deux parcelles ;

**15.** se prononce unanimement d'accorder un subside au montant de 75,00 € aux associations suivantes :

- Dignity asbl ;
- ONGD-FNEL asbl ;
- Fondation Luxembourg – El Salvador ;
- Landjugend Dikkrich asbl, dans le cadre du 50. Landjugenddag.

**16.** Divers

# RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2025/6

**Séance du mardi 18.11.2025**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// Meyers Corinne,
// TOBES Romain, échevins,
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// BOONEN Serge,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire

**ORDRE DU JOUR**

| | |
|---|---|
| | **Séance publique** |
| 2025-07-01 | Projet relatif à la conduite de raccordement de la station de pompage à Mullerthal au réservoir d'eau potable Seitert. |
| 2025-07-02 | Décision concernant le maintien de la déléguée de la commune actuelle auprès de l'Office social de Larochette, dans le cadre du renouvellement du conseil d'administration. |
| 2025-07-03 | Accord d'une concession au cimetière de Haller. |
| 2025-07-04 | Convention avec la Ville d'Echternach pour l'utilisation du hall sportif et de la cafeteria à Waldbillig. |
| 2025-07-05 | Approbation de contrats de bail d'affermage pour des terrains communaux. |
| 2025-07-06 | Avis portant sur une proposition d'adaptation du règlement communal sur la gestion des déchets introduite par une famille résidant dans la commune. |
| 2025-07-07 | Avis concernant un courrier de plusieurs résidents de la rue Laach à Waldbillig au sujet de l'absence d'éclairage dans leur rue durant une partie de la nuit. |
| 2025-07-08 | Exercice du droit de préemption concernant une parcelle sise à Waldbillig. |
| 2025-07-09 | Décision de principe concernant l'organisation des festivités de 2026 et 2027 en l'honneur de Michel Rodange. |
| 2025-07-10 | Demandes de subside extraordinaire. |
| 2025-07-11 | Demandes de subside. |
| 2025-07-12 | Divers. |

**Le conseil communal :**

1. approuve le projet relatif à la conduite de raccordement de la station de pompage Müllerthal au réservoir d'eau potable Seitert à Haller, élaboré par le bureau Daedalus Engineering, au montant du devis total de 437.123,50 € TTC et honoraires d'ingénieur inclus ;

2. se prononce en faveur du maintien de Madame Françoise Schintgen au poste de déléguée de la commune de Waldbillig auprès de l'office social commun Larochette ;

3. décide unanimement d'accorder une concession au cimetière de Haller, pour une durée de 15 ans.

4. décide unanimement d'approuver la convention avec la Ville d'Echternach pour l'utilisation du hall sportif et de la cafétéria à Waldbillig, conclue le 21 octobre 2025 entre les communes de Waldbillig et la Ville d'Echternach, représentées par leurs collèges des bourgmestre et échevins respectifs réglant les tarifs et les droits et obligations respectives ;

5. approuve à l'unanimité les contrats d'affermage des terrains communaux sur proposition du collège des bourgmestre et échevins, et conformément aux recommandations des membres du pacte nature visant leur utilisation pour soutenir la préservation de la biodiversité et de la protection des eaux, sis à Christnach, Waldbillig et Haller pour une durée allant du 01.11.2025 au 31.10.2031 ;

6. décide unanimement de ne pas donner de suite aux propositions présentées par une famille pour modifier le règlement-taxe des déchets dans le cadre de la gestion pour les logements intégrés ;

7. décide unanimement :

- de ne pas donner de suite favorable à la demande de citoyens de la rue Laach à Waldbillig de laisser les lampadaires allumés toute la nuit pour renforcer la sécurité et la tranquillité, et de continuer à éteindre

l'éclairage public pendant la nuit comme auparavant de 01h00 à 04h30 ;

- conseille aux résidents préoccupés qui se sentant dans l'insécurité de demander auprès de la police l'accompagnement personnalisé visant à renforcer leur sentiment de sécurité individuelle ;

**8.** décide unanimement de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant une parcelle sise dans la commune de Waldbillig, section B de Waldbillig, inscrite au cadastre sous le numéro 501/171, d'une contenance de 8 ares 80 centiares ;

**9.** se prononce à l'unanimité des voix en faveur du programme des festivités prévu dans le cadre des commémorations en l'honneur de Michel Rodange, organisées pour 2026 et 2027, tel que proposé par les initiateurs, Messieurs Jean-Luc Schleich et Marc Barthelemy ;

**10.**

a. décide unanimement d'accorder un subside extraordinaire au montant de 3.000,00 € au profit de l'asbl Uergelfrënn Waldbëlleg dans le cadre de l'organisation de son année jubilée 2026 ;

b. décide unanimement d'accorder un subside extraordinaire, notamment la moitié des frais de location de l'illumination de scène dans le cadre du concert de gala du 07.02.2026, revenant à une dépense de 2.850,12 € TTC

**11.** se prononce unanimement d'accorder un subside au montant de 75,00 € aux associations suivantes :

- Médecins sans frontières,
- Athénée action humanitaire ;
- Little Angels ;
- Mitica Association d'aide à l'Enfance.

**12.** Divers.

# RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2025/7

**Séance du jeudi 11.12.2025**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// Meyers Corinne,
// TOBES Romain, échevins,
// BERENS Christian,
// BOONEN Serge,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Absent/Excusé :

// BENDER Maxime, conseiller,
qui a donné procuration à l'échevin TOBES Romain pour voter en son nom.

**ORDRE DU JOUR**

**Séance publique**

| | |
|---|---|
| 2025-08-01 | Budget rectifié 2025. |
| 2025-08-02 | Budget 2026. |
| 2025-08-03 | Accord d'une concession au cimetière de Waldbillig. |
| 2025-08-04 | Prorogation de l'heure d'ouverture de tous les débits de boissons de la commune de Waldbillig à l'occasion de certaines fêtes en 2026. |
| 2025-08-05 | Exercice du droit de préemption concernant des parcelles sises sur le territoire de la commune de Waldbillig. |
| 2025-08-06 | Demande de morcellement d'une parcelle sise à Christnach. |
| 2025-08-07 | Accord sur la dissolution du syndicat de communes pour la construction, l'exploitation et l'entretien d'une distribution d'eau à Savelborn-Freckeisen. |
| 2025-08-08 | Approbation d'un compromis d'échange de terrains. |
| 2025-08-09 | Demandes de subside. |
| 2025-08-10 | Divers. |



*De Schäfferot mat Conny Eller a Filipe Soares.*
*Foto Joëlle Duschang*

**Le conseil communal :**

**1.** arrête à l'unanimité des voix le budget rectifié de l'exercice 2025 selon le tableau ci-après :

| | |
|---|---|
| Recettes extraordinaires : | 9.873.095,16 € |
| Dépenses extraordinaires : | 15.095.381,15 € |
| Recettes ordinaires : | 10.724.668,42 € |
| Dépenses ordinaires : | 7.870.945,51 € |
| Report 2024 : | 3.399.544,71 € |
| Boni présumé fin 2025 : | 1.030.981,63 € |

**2.** arrête unanimement le budget de l'exercice 2026 selon le tableau ci-après :

| | |
|---|---|
| Recettes extraordinaires : | 6.817.016,00 € |
| Dépenses extraordinaires : | 9.905.717,80 € |
| Recettes ordinaires : | 11.164.677,12 € |
| Dépenses ordinaires : | 8.864.959,34 € |
| Report présumé fin 2025 : | 1.030.981,63 € |
| Boni définitif 2026 : | 241.997,61 € |

**3.** décide à l'unanimité d'accorder une concession au cimetière de Waldbillig, pour une durée de 15 ans ;

**4.** décide unanimement de proroger l'heure d'ouverture jusqu'à trois heures du matin de tous les débits de boissons alcooliques à consommer sur place de la commune de Waldbillig aux dates suivantes :

| | |
|---|---|
| **Fête Nationale :** | du 22.06.2026 au 23.06.2026 |
| **Kermesses :** | |
| Haller | du samedi au dimanche<br>du dimanche au lundi |
| Christnach | du samedi au dimanche<br>du dimanche au lundi |
| Waldbillig | du samedi au dimanche<br>du dimanche au lundi |
| **Saint Sylvestre :** | du 31.12.2026 au 01.01.2027 |

**5.**

a. décide unanimement de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant une parcelle sise dans la commune de Waldbillig, section A de Haller, lieu dit « Auf der Haenericht », inscrite au cadastre sous le numéro 318/2128, d'une contenance de 27 ares 35 centiares ;

b. décide unanimement de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant une parcelle sise dans la commune de Waldbillig, section A de Haller, lieu-dit « rue des Romains » inscrite au cadastre sous le numéro 954/2216, d'une contenance de 10 ares 20 centiares ;

c. décide unanimement de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant une parcelle sise dans la commune de Waldbillig, section B de Waldbillig, lieu-dit « rue de la Montagne » inscrite au cadastre sous le numéro 437/4833, d'une contenance de 4 ares 1 centiare ;

**6.** décide unanimement de marquer son accord au projet de morcellement du terrain inscrit au cadastre sous le numéro 64/4655, section C de Christnach, sis dans la rue « Fielserstrooss », en trois parcelles ;

**7.** se prononce à l'unanimité en faveur de la dissolution du syndicat pour la construction, l'exploitation et l'entretien d'une distribution d'eau à Savelborn-Freckeisen et approuve les conditions dans lesquelles s'opèrera la liquidation ;

**8.** marque à l'unanimité son accord au compromis d'échange de terrains, considérant que la commune reçoit une parcelle sise dans la commune de Waldbillig, section D de Mullerthal, lieu-dit « Moellerdall », inscrite au cadastre sous le numéro 1112/518, d'une contenance de 17 a 80 ca, tandis que le propriétaire obtient de la commune la parcelle numéro 744/1885, section A de Haller, lieu-dit « Hinter der Hoecht », d'une contenance de 27 a 50 ca. Cet échange se fait dans un but d'utilité publique, les parcelles sises à Mullerthal servent à réaliser des places de stationnement ;

**9.** se prononce unanimement d'accorder un subside au montant de 75,00 € aux associations suivantes :

- Fleegeelteren Lëtzebuerg ;
- Fondation Partage Luxembourg ;
- Chrëschtlech Solidaritéit International asbl – ONG agréée ;
- Ecpat Luxembourg ;
- Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service coopération a.s.b.l. ;
- Service de consultation et d'aide (Scap).



Foto: Olivier Glod

# DE BUDGET 2026 VUN DER GEMENG WALDBËLLEG

A senger Sëtzung vum 11. Dezember 2025 huet de Gemengerot eenheetlech fir den ugepasste Budget vum Joer 2025 a fir de Budget 2026 gestëmmt, esou wéi e vum Schäfferot an der Aarbechtssëtzung vum 4. Dezember presentéiert gouf. D'Zuele vum rektifizéierte Budget vun 2025 fannt Dir am Rapport vun der Sëtzung ënner dem 1. Punkt. De Budget 2025 schléisst mat engem geschate Boni vun 1.030.981,63€.

**Dëst sinn d'Zuele vum Budget 2026:**

| | |
|---|---|
| Ausseruerdentlech Recetten: | 6.817.016,00 € |
| Ausseruerdentlech Depensen: | 9.905.717,80 € |
| Ordinär Recetten: | 11.164.677,12 € |
| Ordinär Depensen : | 8.864.959,34 € |
| Viraussiichtleche Boni Enn 2025: | 1.030.981,63 € |
| Definitive Boni 2026: | 241.997,61 € |

**Hei fannt Dir eng Iwwersiicht vun de verschiddene Rubrike vum Budget mat jeeweils dem Total:**

| **Ordinaire Budget** | Recetten | Ausgaben |
|---|---|---|
| Technesch Coden | / | / |
| Allgemeng Déngschter vun der ëffentlecher Verwaltung | 9.599.857,57 | 3 833 484,59 |
| Sozial Sécherheet | 13 000,00 | 610 764,37 |
| Ëffentlech Uerdnung a Sécherheet | 60 000,00 | 78 900,00 |
| Wirtschaftsaffären | 183 247,00 | 862 147,97 |
| Ëmweltschutz | 741 300,00 | 837 180,31 |
| Wunnengen an ëffentlech Equipementer | 466 582,55 | 943 660,00 |
| Fräizäit, Kultur, Kult | 49 000,00 | 822 020,10 |
| Bildung | 1 690,00 | 876 802,00 |
| Total | 11 164 677,12 | 8 864 959,34 |

| **Extraordinaire Budget** | Recetten | Ausgaben |
|---|---|---|
| Technesch Coden | / | / |
| Allgemeng Déngschter vun der ëffentlecher Verwaltung | 4 169 155,00 | 2 283 845,00 |
| Sozial Sécherheet | 0 | 38 000,00 |
| Ëffentlech Uerdnung a Sécherheet | 0 | 11 100,00 |
| Wirtschaftsaffären | 45 000,00 | 729 975,00 |
| Ëmweltschutz | 180 860,00 | 636 825 |
| Wunnengen an ëffentlech Equipementer | 1 022 001,00 | 4 935 972,00 |
| Fräizäit, Kultur, Kult | 0 | 29 000,00 |
| Bildung | 1 400 000,00 | 1 241 000,00 |
| Total | 6 817 016,00 | 9 905 717,80 |

Dëst Joer gëtt den Ausbau vun der Gemeng fäerdeg gestallt. Fir dee Projet stinn nach eemol 2,2 Mio am Budget. Fir d'Géigend ronderëm d'Gemeng ze gestalten, sinn am Budget 1,4 Mio virgesinn.

D'Aarbechte vum Reamenagement vun der Strooss ronderëm d'Gemeng, der „Hentgesstrooss", mat engem Devis vu 520.650 € ginn eréischt 2027 ausgefouert.

Et ass Virschrëft, dass d'Gemeng d'Accessibilitéit vun den ëffentlech Gebaier préiwe léisst, dëst fir e Montant vu 34.000 €.

Fir déi punktuell Ännerungen am PAG stinn 30.000 € am Budget.

D'Gemeng investéiert weider an d'Drénk- an d'Ofwaasser. E weideren Deel vun der Waasserleitung tëscht der Pompstatioun an dem Behälter Mëllerdall gëtt realiséiert fir 1,2 Mio. Fir d'Waasserleitung Suewelbuer-Freckeisen sinn dëst Joer 320.000 € virgesinn. D'Projeten am Kader vum Waasserschutz an Zesummenaarbecht mam Natur- & Geopark Mëllerdall kaschten 30.972 €. De Bäitrag, den alljäerlech un de Sidest bezuelt gëtt, fir den Invest am Kader vum Kläre vum Ofwaasser beleeft sech dëst Joer op 350.000 €.

Et ass néideg dass verschidde Stroossen erneiert ginn, ewéi d'Rue de la Montagne zu Waldbëlleg an d'Rue Loetsch zu Chrëschtnech fir e Gesamtbetrag vu 405.000 €. Un de Feldweeër gëtt dëst Joer fir 150.000 € geschafft, de Feldwee Säitert mat engem Devis vu 427.500 € gëtt aus budgetäre Grënn eréischt d'nächst Joer nei gemaach.

D'Gemeng kuckt no de Spillplazen. No der Neigestaltung vun där zu Haler beim Precoce, kommen elo zwou weiderer drun, déi am Réimerwee an déi bei der Kierch zu Chrëschtnech fir zesumme 75.000 €.

Et gëtt dru geschafft, fir an der Rue des Romains zu Haler en neie Busarrêt ze bauen a Moossnamen ëmzesetzen, fir d'Vitesse an där Strooss erofzesetzen fir e Montant vun 150.000 €. Fir d'Sécherheet op de Stroossen eropzesetze gi Moossnamen an den Agäng vun den Dierfer ëmgesat an nach Foussgängersträife beliicht fir 70.000 €. Zesumme mat den Nopeschgemenge Berdorf a Beefort bedeelegt sech eis Gemeng mat 11.000 € beim Kaf vu Material fir den neie gemeinsamen Agent municipal.

D'Gemeng investéiert weider an den Tourismus. De Camping am Mëllerdall an der Rue des Rochers ass am Gaang ëmgestalt ze ginn, dëst an Zesummenaarbecht mam Syndikat, fir do Camperstellplazen ze schafen. D'Gemeng bedeelegt sech dëst Joer mat 309.475 € un deenen Infrastrukturaarbechten. Dëst Joer ass och déi 2. Tranche vun 950.000 € ze bezuele vum Kaf vum Camping Cascades an den Terrainen, déi mat dem verkaaft gi sinn. De Mëllerdall zitt ganz vill Leit un; fir nach weider naturno Parkplazen do ze plange sinn 30.000 € virgesinn. Um Site vun der Heringer Millen soll Wifi installéiert gi fir 15.000 €.

Am Kader vum Klima- an Naturpakt gi stänneg Moossnamen ëmgesat. Dëst Joer gi weider Stroosseluuchten op LED ëmgerëscht fir e Betrag vun 145.000 €. Am Kader vun de geplangte Wandmillen um Territoire vum Natur- & Geopark muss eis Gemeng dëst Joer 120.000 € bezuelen.

Den Atelier brauch, nieft anerem klenge Geschier, eng nei Heckeschéier fir un den Trakter ze hänken an eng nei Camionnette. Déi al mussen ersat ginn, se sinn net méi zouverlässeg. Fir déi Ausgabe stinn 100.000 € am Budget.

De Schwéierpunkt vun dësem Budget läit nees bei der Schoul. D'Schoul zu Waldbëlleg gëtt ausgebaut, an dofir ginn 2026 nach 1,2 Mio gebraucht. Am Mëllerdall gëtt e Chalet, respektiv en Ënnerdaach fir d'Schoulkanner ëmgebaut fir 25.000 €. D'Gemeng ënnerstëtzt d'Maison relais beim Kaf vun neie Geräter fir de Präis vun 33.000 €.

Um Enn vum Joer 2025 hat d'Gemeng eng Schold vun 13,6 Mio. Am Budget vun 2026 steet nach eemol en Emprunt vun 3 Mio dran. Et hänkt ëmmer vum Verlaf vun de Projeten of, ob dee ganze Montant vum Prêt muss gezu ginn.

De Budget gëtt ënner der Rubrik News um Internetsite vun der Gemeng publizéiert.

# ZIVILSTAND // ÉTAT CIVIL

### Gebuerten // *Naissances*

| | | |
|---|---|---|
| **Zimmer** Noémie | 13.10.2025 | *Chrëschtnech* |
| **Barthel** Lynn | 16.10.2025 | *Waldbëlleg* |
| **Barrela Rocha** Emma | 09.11.2025 | *Haler* |
| **Bellion Lima** Elias | 11.11.2025 | *Chrëschtnech* |
| **Domingues Ribeiro** Mayena | 09.12.2025 | *Chrëschtnech* |
| **Uche-Obasi** Chimeremeze Yagazie | 23.12.2025 | *Waldbëlleg* |
| **Riehl** Jim | 04.01.2026 | *Haler* |
| **Michels** Trixi Lony | 05.01.2026 | *Waldbëlleg* |

### Stierfäll // *Décès*

| | | |
|---|---|---|
| **Bintner** Gilberte Marie | 08.10.2025 | *Freckeisen* |
| **Tavarner** Ruggero | 02.11.2025 | *Mëllerdall* |
| **Wohl** Simone | 22.11.2025 | *Chrëschtnech* |
| **Morgiel** Antoinette Alice | 26.12.2025 | *Haler* |
| **Barradas Correia** Maria Amélia | 28.12.2025 | *Chrëschtnech* |

### Hochzäiten // *Mariages*

| | | |
|---|---|---|
| **Macedo Dos Santos** Dany & **Da Assunção Azevedo** Jennifer | 10.11.2025 | *Chrëschtnech* |
| **Brinck** Bill Dennis & **Meisch** Danièle | 21.11.2025 | *Chrëschtnech* |

# MIR GRATULÉIEREN!



D'**Jennifer Da Assunção Azevedo** an den **Dany Macedo Dos Santos** vu Chrëschtnech sinn den 10. November bestuet ginn.



D'**Danièle Meisch** an de **Bill Dennis Brinck** vu Chrëschtnech sinn den 21. November bestuet ginn.

*Fotoen: Gemeng Waldbëlleg*

# #BAMCHALLENGE 2025 – DE SCHÄFFEN- A GEMENGEROT ASS DERBÄI

Net nëmmen de Klimateam, mee och de Schäffen- a Gemengerot huet drop gehalen, beim Bamchallenge (cf. Kapitel 6) derbäi ze sinn. Hei gesi mer d'Laurence Habscheid vun der Administratioun, den Armen Bahtijari an de Luc Kirsch vum Service technique, de Conseiller Christian Berens, d'Schäffin Corinne Meyers an d'Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer bei der Aarbecht. Si hunn e Mirabellebam geplanzt.

*Fotoen: Joëlle Duschang, Laurence Habscheid*







# COMMEMORATIOUNSDAG 2025

Den 18. Oktober hat de Schäffen- a Gemengerot op Haler invitéiert, fir eng Zeremonie an der Kierch mat dono Nidderleeë vu Blumme beim Monument aux morts. Do gouf un d'Affer erënnert vun dem Zweete Weltkrich an der Besetzung vu Lëtzebuerg, déi grad zu Haler an zu Waldbëlleg vill Schued ugeriicht a vill Liewe kascht hunn.

D'Ried huet 2025 d'Schäffin Corinne Meyers gehalen:

**Leif Matbiergerinnen a Matbierger,**

haut si mir hei zesumme fir den Nationale Commemoratiounsdag, op deem mir deene Leit wëlle gedenken, déi wärend der Naziherrschaft am Widderstand aktiv waren, an déi am 2. Weltkrich hiert Liewe gelooss hunn.

Viru méi wéi 80 Joer ware vill Haiser an eisen Dierfer zerstéiert a vill Leit hunn hir Heemecht misse verloossen. Nach haut ginn an de Bëscher an op Felder Stécker vu Granaten a Bomme fonnt. Fir Europa war et eent vun deenen däischterste Kapitelen an der Geschicht, an och bei eis war et eng Zäit vu vill Misär a Leed. Vill jonk Leit kruten hir Jugend geholl. Si sinn zwangsrekruteiert ginn an hunn hir Heemecht net erëmgesinn, well si un der Front gefall sinn oder higeriicht goufen.





Net ze vergiesse sinn awer och déi Refractairen, an déi, déi aus der Wehrmacht geflücht sinn, grad ewéi déi couragéiert Matbiergerinnen a Matbierger, déi hinne gehollef hunn, souwéi hir Familljen, déi an dëser Zäit matgelidden hunn. Nëmmen duerch hire Courage an Asaz kenne mir haut zesummen a Fräiheet liewen.

Besonnesch gedenke mir deenen Affer aus eiser Gemeng an halen hiert Undenken an Éieren. Nëmmen duerch de Courage an den Asaz vun hinnen all kënne mir haut zesummen a Fräiheet a Fridde liewen.

An der Trounried vum 3. Oktober huet de Grand-Duc Guillaume vun der Grande-Duchesse Charlotte geschwat, a vun hire Wierder, déi an deenen däischteren Zäite vum Krich d'Liicht vun der Hoffnung bei d'Lëtzebuerger gedroen hunn. De Grand-Duc Guillaume sot, dass d'Monarchie an deene schwéieren Zäiten e Pilier vu Kontinuitéit vum Lëtzebuerger Staat wor. Si verkierpert d'Prinzippie vu Fräiheet an Eenheet, déi an onser Konstitutioun verankert sinn, an déi ons drun erënneren, dass ons Monarchie gëschter wéi haut eng Referenz a Krisenzäiten ass.

Nach ëmmer ginn et Kricher, wéi deen an der Ukrain. E klenge Liichtbléck gëtt et säit e puer Deeg am Noen




Osten, wou d'Hamas deklaréiert huet, dass de Krich an der Gazasträif eriwwer ass an d'Geisele fräi sinn.

Mir solle kämpfe géint all Unzeeche vu Virurteeler, Veruechtung an Aggressivitéit géintiwwer Mënschen, vun deene mir mengen, si wären anescht.

Mir alleguer kënnen en Deel zu enger mënschefrëndlecher Gesellschaft bäidroen, andeems mir eise Matbierger mat Respekt, Toleranz a Versteesdemech begéinen.




Erënnerung ass eis Pflicht géintiwwer de Verstuerwene vum Krich, a si gëtt eis d'Méiglechkeet, fir déi jonk Generatiounen ze sensibiliséieren. Si sollen zesumme mat eis léieren net fortzekucken, mee sech ze engagéiere fir Demokratie, Fridden a Fräiheet.

Erënnerung ass wichteg, an dat Joer fir Joer, a Generatioun fir Generatioun.

Schléisse wëll ech mat de Wierder, déi d'Grand-Duchesse Charlotte am September 1940 aus dem Exil un d'Lëtzebuerger geriicht huet:

„Léif Lëtzebuerger,

ee Grouss aus déifstem Häerz, deen ech glécklech an dankbar sinn un Iech riichten ze kënnen. Dir wësst, wéi gären ech bei Iech bliwwe wär, fir mat Iech d'Suergen an d'Leed ze deelen, déi di Däitsch den 10. Mee iwwer onst klengt Land bruecht hunn."

*Fotoen: Georges Koster*

# PLUS DE 76 000 PAGES ET 12 000 ACTES NUMÉRISÉS : UN BEAU DÉFI RELEVÉ PAR L'ADMINISTRATION COMMUNALE WALDBILLIG

Soucieuse de préserver son patrimoine documentaire tout en facilitant le travail quotidien de ses agents, l'administration communale de Waldbillig a entrepris, entre juin 2024 et mars 2025, un vaste projet de numérisation d'une partie de ses archives communales.

Ce projet d'envergure portait sur une collection de registres d'actes d'état civil ainsi que sur l'ensemble des autorisations de bâtir. Face à la diversité des formats (documents reliés, grands formats, A4, A3) et à la fragilité de certains supports, la commune a choisi de confier cette mission à CK, un prestataire reconnu pour son expertise et sa capacité à assurer une numérisation de haute qualité dans des délais maîtrisés.

**Moderniser et préserver le patrimoine communal**

Avant ce projet, la commune de Waldbillig n'avait pas encore initié de démarche de transformation digitale de ses documents. La volonté de préserver durablement le patrimoine documentaire tout en améliorant la qualité du service aux citoyens a été le moteur de cette initiative. L'ampleur du projet, tant par le volume que par la diversité des documents, représentait un véritable défi technique et organisationnel.




*« Nos équipes sont habituées à accompagner les administrations et institutions dans des projets similaires. Nous avons donc pu proposer une approche parfaitement adaptée aux besoins et à la façon de travailler de la commune. »*

*Philippe Schweitzer, Outsourcing Services Senior Manager - CK*

**Une méthodologie rigoureuse pour traiter près de 100 000 pages**

Entre juin 2024 et mars 2025, trois collaborateurs CK ont été mobilisés pour accompagner la commune à chaque étape du projet : analyse des besoins, préparation, numérisation, indexation et contrôle qualité à 100 %.

La prestation, réalisée dans les locaux de CK, a été planifiée sur plusieurs mois afin d'assurer une organisation fluide et conforme aux exigences techniques de conservation.





*« L'expertise et la rigueur de CK ont été déterminantes pour relever un défi majeur : préserver notre patrimoine documentaire tout en modernisant nos processus. Grâce à leur accompagnement, nous disposons désormais d'archives numériques accessibles, sécurisées et optimisées, au service de nos citoyens et de notre administration. »*

*Filipe Soares, ingénieur diplômé,*
*Service des bâtisses - commune de Waldbillig*

**Des milliers de documents désormais accessibles en format numérique**

Au total, 3.719 dossiers d'autorisations de bâtir ont été dématérialisés, représentant 76.028 pages (documents reliés, grands formats, A4, A3) et 3.799 plans.

Concernant l'état civil, 122 registres ont été numérisés à l'aide de scanners spécialement adaptés aux ouvrages reliés. Chaque acte – manuscrit ou tapuscrit – a ensuite été indexé manuellement, soit environ 12.000 actes.

Enfin, les délibérations du conseil communal et du collège échevinal ont fait l'objet d'une numérisation complète : 22 registres et 10 classeurs, représentant plus de 5.000 pages, avec la création d'un fichier numérique distinct pour chaque séance.

**Un projet porteur d'avenir**

Grâce à cette démarche, l'administration communale de Waldbillig dispose désormais d'un accès simplifié et sécurisé à ses archives, tout en garantissant la préservation durable de son patrimoine documentaire.

CK est fier d'avoir accompagné la commune dans cette transformation et remercie chaleureusement l'ensemble des équipes communales pour leur confiance tout au long de cette belle collaboration.

*Texte : Filipe Soares & CK*
*Photos : commune de Waldbillig & CK*



# INTERVIEW MAM CONSEILLER SERGE BOONEN



### Géift Dir Iech kuerz virstellen.

Ech heesche Serge Boonen, sinn 39 Joer al a wunnen zesumme mat menger Fréndin zu Waldbëlleg. An menge ganz jonke Joren hunn ech zu Haler gewunnt, bis mir 1999 op Waldbëlleg geplënnert sinn.

Meng Ausbildung zum Bauer hunn ech an der Akerbau-schoul gemaach, ier ech dono zu Bonn (Däitschland) Agrarwëssenschafte studéiert hunn. Zanterhier sinn ech am Bauerebetrib Sopibo als Matinhaber a Betribsleiter aktiv.

Am Veräinsliewe war ech ëmmer staark engagéiert, besonnesch an der Musek, am Fussball an am Club des Jeunes.

### Firwat sidd Dir an d'Politik gaangen?

Politik huet mech eigentlech schonn ëmmer interesséiert. Mir war et wichteg, ze verstoen, wéi Decisioune geholl ginn a wéi een d'Zukunft aktiv matgestalte kann. Gläichzäiteg hunn ech ëmmer fonnt, datt och jonk Leit an der Politik eng Stëmm sollen hunn an net nëmmen Nolauschterer solle sinn.

Zousätzlech war ech der Meenung, datt och e Bauer an esou engem Gremium vertruede sollt sinn, well d'Landwirtschaft eist Gemengebild staark matpräägt, an ee Bauer duerch seng deeglech Praxis eng ganz konkret an no Realitéit orientéiert Siicht matbréngt.



Aus dëse Grënn wollt ech mech schonn deemools fir e Wiessel asetzen. Fir mech war et wichteg, net nëmmen ze kommentéieren oder ze kritiséieren, mee selwer Verantwortung ze iwwerhuelen an aktiv u Léisunge matzeschaffen. Dëse Wëllen, matzeschaffen an eppes ze beweegen, huet mech dozou bruecht, an d'Politik ze goen.

### Wei eng politesch Dossiere leien Iech perséinlech um Häerz?

Op éischter Plaz steet fir mech d'Waasserversuergung. Als Gemeng Waldbëlleg hu mir déi grouss Chance, zu 100 Prozent eegeversuergt ze sinn. Dofir ass et wichteg, datt d'Waassernetz permanent erneiert a moderniséiert gëtt, fir de Bierger eng sécher a qualitativ héichwäerteg Waasserversuergung ze garantéieren.

Fir d'Bierger ass et zousätzlech wichteg, gutt informéiert ze sinn, iwwer déi Themen, mat deenen d'Gemeng sech aktuell beschäftegt. Eng transparent Ëffentlech-keetsaarbecht an eng gutt Kommunikatioun no bausse spillen dofir eng entscheedend Roll. An deem Beräich gesinn ech nach Verbesserungspotenzial, och wann ech et bedauerlech fannen, datt un Informatiounsver-sammlungen dacks nëmme wéineg Leit deelhuelen.

Den Ausbau vun der Schoul an der Maison relais ass fir eis jéngst Bierger vu grousser Bedeitung, fir hinnen eng héich Qualitéit u Bildung an Encadrement kënnen ze garantéieren.

Eis Gemeng läit am schéine Mëllerdall, wou ee gutt vun der Natur ka profitéieren. Dofir ass de gudden Zoustand vun eise Feld- an Trëppelweeër en Thema, mat deem ech mech beschäftegen.

Zum Schluss ass et mir wichteg, datt all d'Mataarbechter vun der Gemeng zefridde sinn, an datt virun allem eis Leit am Service technique gutt equipéiert sinn, fir hir villfälteg Aarbecht ënner de beschte Konditiounen ausféieren ze kënnen.

**Soll eng kleng Gemeng wéi Waldbëlleg onofhängeg bleiwen?**

An der aktueller Situatioun gesinn ech vill Virdeeler an der Onofhängegkeet vun eiser klenger Gemeng Waldbëlleg. Ech sinn der Meenung, datt mir all déi wichteg Servicer ubidde kënnen, déi d'Bierger brauchen, an dat an engem familiären an noe Kader.

Gläichzäiteg gesinn ech awer och, datt et fir eng kleng Gemeng ëmmer méi schwiereg gëtt, allen Ufuerderunge vun de Bierger an de verschiddenen Instanze gerecht ze ginn. Trotzdeem sinn ech absolut kee Frënd vu Fusiounen, déi vun uewen erof ënner Drock opgedrängt ginn.

Och ouni Fusioun kann eng Gemeng gutt a sënnvoll mat anere Gemengen a Partner zesummeschaffen. E gutt Beispill dofir ass d'Zesummenaarbecht am Natur- & Geopark Mëllerdall, déi relativ gutt funktionéiert.

Eng méiglech Fusioun soll aus menger Siicht vu bannen eraus entstoen, wann d'Bierger aus de betraffene Gemengen sech duerch gemeinsam Veräiner, Initiativen an Aktivitéite besser kenneléieren an esou natierlech zesummewuessen. Esou e Prozess kann a soll een net erzwéngen.

**Wat si fir Iech perséinlech d'Unzéiungspunkte vun eiser Gemeng, firwat lieft Dir gär do? Wat kéint besser sinn?**

Wat mir un eiser Gemeng besonnesch gefält, ass hir geographesch Lag. Mir hu kuerz Distanzen zu de méi klenge Stied, esou datt all wichteg Servicer einfach a séier ze erreeche sinn. Gläichzäiteg ass d'Natur an eiser Gemeng omnipresent. Dat ass e richtege Privileeg, an



ech si frou, all Dag an a mat der Natur kënne schaffen ze dierfen. Déi vill schéi Wanderweeër laanscht interessant Plazen an herrlech Aussiichten si fir mech besonnesch bewonnerenswäert.

Och wann eist Bautereglement dacks als streng ugesi gëtt, fannen ech, datt déi traditionell Bauweis an eisen Duerfzentren, no ale Stiler, e ganz eegene Charme huet. Si suergt fir en harmonescht a stëmmegt Bild vun eisen Dierfer.

Et ginn awer och Punkten, wou nach Verbesserungen noutwendeg sinn. E wichtegt Thema ass d'Vitess vun den Autoen an den Dierfer. Leider si vill Leit hautdesdaags gestresst, an dofir gëtt dacks ze séier duerch d'Uertschafte gefuer – heiansdo och vun eisen eegene Matbierger. Hei muss weider u Sensibiliséierung a Léisunge geschafft ginn.

Zousätzlech hu mir et bis elo nach net fäerdeg bruecht, eng Crèche fir Kanner ënner 18 Méint unzebidden. Dat ass e kloren Defizit, dee mir an Zukunft onbedéngt mussen ugoen a verbesseren.

*Fotoen: Famill Boonen*

# INTERVIEW MAT DER MADAMM GORETE DA ROSA RICARDO

**Comment avez-vous eu votre emploi auprès de la Commune de Waldbillig ?**

Une collègue de travail, que je connaissais avant mon arrivée à la commune, m'a informée qu'un poste de femme de charge y était vacant. J'ai donc soumis ma candidature et j'ai eu la chance d'être sélectionnée pour le poste.

**Depuis quand y travaillez-vous ?**

J'ai commencé le 1er avril 2015.

**Quels en sont les aspects positifs ?**

Parmi les aspects positifs de ce travail, je peux mentionner que je n'ai plus à travailler les week-ends. De plus, mon trajet quotidien est réduit, ce qui améliore ma qualité de vie en me permettant d'avoir plus de temps pour ma famille ainsi que pour mes loisirs.

**Quels en sont les défis ?**

S'organiser efficacement pour garantir un espace impeccable, répondant à mes attentes ainsi qu'à celles de mes supérieurs.





**Que faisiez-vous professionnellement avant de venir travailler à Waldbillig ?**

Dans le passé, j'étais employée comme femme de ménage dans un grand hôtel situé au Luxembourg.

**Quels sont vos souhaits pour l'avenir pour ce qui est de votre travail ?**

J'espère pouvoir continuer à exercer ce travail encore longtemps et en pleine santé. La communication et une bonne entente sont également très importantes pour moi.

**Estimez-vous qu'il fait bon vivre dans la commune de Waldbillig et sa région ?**

Oui, bien sûr. Mon mari et moi avons également décidé de nous installer dans la région du Mullerthal en raison

de son cadre paisible, de ses magnifiques forêts et de ses charmants villages. La commune de Waldbillig me plaît beaucoup, bien que je trouve qu'une boulangerie serait encore un plus.

**Où vivez-vous actuellement ?**


J'habite dans le coin, à Beaufort.

**Comment vous aimez-vous détendre lorsque vous rentrez du travail ?**

Après le travail, je suis contente de retrouver ma famille. Pour me relaxer, j'aime me balader en forêt et pratiquer des activités sportives telles que le Zumba et le fitness.

*Fotoen: Famill vun der Madamm Gorete Da Rosa Ricardo*





# ÄDDI 2025!

Den 23. Dezember 2025 hunn de Schäffen- an de Gemengerot op e Patt an der Gemeng zu Chrëschtnech agelueden, fir mat de Mataarbechter unzestoussen op e gudden Ofschloss vum Joer a vun dem ewéi ëmmer stressege Mount Dezember.

*Fotoen: Joëlle Duschang*









# NEIJOERSCHPATT AN DER GEMENG



Den 8. Januar 2026 huet de Schäfferot d'Mataarbechter vun der Gemeng an de Gemengerot an d'Cafeteria op den Neijoerschpatt agelueden, fir op dat neit Joer unzestoussen.

D'Buergermeeschtesch huet hinnen all Merci gesot fir hiren Engagement an hir gutt Aarbecht am leschte Joer. Si ass an hirer Usprooch agaangen op d'Projeten, déi dëst Joer fäerdeg gestallt ginn, an op déi nei, déi ustinn. Si huet och déi nei Mataarbechter begréisst.

Bei engem Patt mat engem Häppche war d'Ekipp nach e puer Stonne bei gudder Laun versammelt.

*Fotoen an Text: Martine Dimmer*















*Foto: Damaris*

# SCHOUL & MAISON RELAIS // *ÉCOLE & MAISON RELAIS*



*Foto: Joëlle Niederweis*





## SCHOUL

# De Kleeschen am Precoce

Am Dezember freeë vill Kanner sech op de Kleeschen. Och zu Haler am Precoce war d'Opreegung grouss, wéi dee gudde Mann e Mëttwoch, kuerz virun Niklosdag, laanscht d'Fënstere getrëppelt ass an du bei d'Kanner aus dem Precoce erakoum – natierlech begleet vun engem feinen a diskreten Houseker.

D'Kanner hunn dem Kleeschen du Lidder gesongen an e Gedicht vum Här Klick an dem Här Klack opgesot, begleet vu Klanghëlzer. Sou eppes hat de Kleeschen an all deene Joren, an deenen hie schonn duerch d'Landschaft trëppelt, nach net erlieft. Hie war begeeschtert, och wann seng al Oueren e bëssen ze leiden haten.

Natierlech goufen d'Kanner du mat engem schneekege Boxemännchen an engem schéine Buch belount.

Bis d'nächst Joer, léiwe Kleeschen. Mir waarden och dann am Dezember erëm op dech.

*Text a Fotoen: Joëlle Niederweis*



# Eng nei Matschkichen am Schoulhaff — vill Freed fir d'Precoce-Kanner



Zënter Ufank vum neie Joer hunn d'Kanner aus dem Precoce eng nei Attraktioun an hirem Schoulhaff: eng Matschkichen. D'Kanner hate schonn an deenen éischten Deeg vill Spaass domat. Souguer am Schnéi gouf gekacht, geréiert an experimentéiert. Mir si sécher, datt d'Kanner och an Zukunft vill Freed hunn an dobäi wichteg Spill- a Léiererfarunge sammelen.

Dës Matschkichen konnt dank enger generéiser Spend vun der Elterevereenegung ugeschaaft ginn, woufir mir ganz häerzlech Merci soe wëllen. E weidere grousse Merci geet un d'Gemengenaarbechter, déi sech ëm de schnellen a professionellen Opbau vun der Matschkichen gekëmmert hunn. Och deenen Elteren, déi scho Kichenutensilie wéi Däppen, Läffelen oder Schossele gespent hunn, soe mir e grousse Merci. Dës Saache gi mat vill Fantasie agesat.







# Virliesen

De Cycle 4.1 huet virun der Chrëschtvakanz dem Precoce virgelies. A klenge Gruppen si Bicher op Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch virgelies ginn, an et gouf driwwer geschwat, wat an de Geschichte geschitt ass. Als gemeinsamen Ofschloss hunn d'Kanner ee flotte Moment zesumme beim gemeinsame Fräispill verbruecht.












## Adventsfënster: Precoce + Cycle 4

Och dëst Joer hunn d'Kanner aus dem Precoce an dem Cycle 4 d'Traditioun vun enger aktiver Adventsfënster mat Concert zu Haler weidergefouert.

Am Virfeld vum 18. Dezember hunn d'Kanner verschidde Chrëschtlidder an de Klassen astudéiert an dës bei e puer gemeinschaftleche Prouwen an der Turnhal zesumme geüübt.

Zousätzlech zur Dekoratioun vun der Fënster, hunn d'Kanner aus dem Precoce Liefkuch, Stollen, Kichelcher a kleng Kuche gebak. Den Owend selwer gouf och e selwergemaache Kannerpunsch ugebueden.

Vill Leit aus der Gemeng hunn de Wee op Haler fonnt, sech de Concert ugelauschtert an déi flott dekoréiert Fënstere bewonnert a soumat den Owend zu engem besonneschen Erliefnis gemaach.



# Projektarbeit im Cycle 4

Über das gesamte erste Trimester haben die Kinder der Klasse 4.1b an ihren persönlichen Projekten gearbeitet.

Sie konnten sich selbst ein Thema aussuchen, das sie interessiert. Von Ballsport und Wassersport über Hunde und Delfine, Vulkane, das Planetensystem, der Mars, bis hin zu Ayliva, seltenen Tieren, der Entstehung der Erde und Survival war es eine sehr große Spannbreite, die vertreten war.

Nachdem die Themen gefunden waren, haben die Kinder einen Fragenkatalog erstellt, und sich Gedanken gemacht, was wichtig ist, und was sie über ihr Thema in Erfahrung bringen möchten. Im Bewusstsein, dass ein Teil auf Französisch und ein Teil auf Deutsch verfasst sein muss, haben die Kinder ihre Recherchen begonnen, und auch gelernt, die Quellen richtig anzugeben. Sie haben ihre Texte verfasst, und visuelle Darstellungen vorbereitet, Material von zuhause mitgebracht, gebastelt, aussagekräftige Bilder gesucht, Spiele entwickelt und sogar Experimente durchgeführt, die zu ihren Themen gepasst haben.


Die Vorstellungen vor der Klasse wie auch die Ausstellung vor den anderen Klassen des Cycle 4 war ebenso ein Erfolg wie der Abend, an dem sich die Eltern ein Bild machen konnten von der großartigen Arbeit, die die Schülerinnen und Schüler geleistet haben.


*Text a Fotoen: Mandy Hemmen*












Bruno








Wichtig!
Gefangen!
Delfin
Steckbrief
Spannend
Lina


Hund






Ballsport

# Waldbëlleg setzt op Kreeslafwirtschaft mam Circular Lab!

Am Juni 2025 hunn d'Schüler vum Cycle 4 vun der Grondschoul Waldbëlleg eng spannend Entdeckungsrees an d'Welt vun der Kreeslafwirtschaft erlieft: de Circular Lab. Dësen innovativen Atelier huet d'Klass an e richtege Laboratoire verwandelt, wou d'Kanner op spilleresch Aart a Weis geléiert hunn, wéi mir Ressourcen erhalen, Offall vermeiden an eis Ëmwelt schützen.



Wat stoung um Programm?

**Praktesch Experimenter,** fir d'Prinzippie vun der Kreeslafwirtschaft selwer ze entdecken an ze testen.

**Digital Reesen,** déi d'Zesummenhäng tëscht Konsum, Offall an nohaltegem Ressourcëmanagement op eng interaktiv Manéier weisen.

**Pädagogescht Material,** fir den Enseignanten d'Méiglechkeet ze ginn, d'Themen an der Klass ze verdéiwen.





Dës Aktivitéit passt perfekt an d'Strategie vum Klimapakt, mat där d'Gemeng Waldbëlleg sech fir eng gréng an nohalteg Zukunft asetzt. D'Zil: Sensibiliséierung vun de Bierger – a besonnesch vun de Jonken – fir Ressourcë-schounung, Offallreduktioun a Klimaschutz. Mat esou Initiativen investéiert Waldbëlleg an eng Zukunft, an där d'Kanner als Ambassadeure vun der Kreeslafwirtschaft handelen.

**Wousst Dir dat?**

♻ Am Duerchschnëtt produzéiert all Europäer ronn 500 kg Offall pro Joer!

Mat der Kreeslafwirtschaft kënne mir dësen Offall drastesch reduzéieren, Ressourcë spueren an d'Ëmwelt schützen.

*Text: Filipe Soares, Fotoen: Schoul Waldbëlleg*

# MAISON RELAIS



An der Maison relais an an der Crèche waren d'Kanner wéi gewinnt gutt beschäftegt.

Net emol de Reen huet gestéiert, an d'Kanner aus der Crèche hunn nawell dobausse gespillt – se si jo net aus Zocker! An der Allerhellegevakanz 2025 war den Thema *Pompjeeën*. D'Kanner hunn e Feierläscher selwer gebastelt an si konnten d'Pompjeeë besiche goen.

An der Maison relais gouf e gesonde Geméisteller zesummegestallt. An der Allerhellegevakanz konnten eng Partie Kanner an d'Robbeschéier goen an do mat der Päerdskutsch fueren.

Mam Thema Halloween ass och an der Maison relais fläisseg un de Kürbisse geschnëtzt ginn. An de 5. Dezember 2025 hate mir nees eise Chrëschtmaart an eng aktiv Adventsfënster.





















# ADVENTSMAART ZU WALDBËLLEG – ENG FLOTT EDITIOUN

Freides, den 28. November, huet eisen traditionellen Adventsmaart stattfonnt. Mat vill Freed a Kreativitéit hu mir schéin Adventskränz gebastelt, déi och all verkaaft goufen.

D'Kanner haten hir eege flott Verkafsstänn mat Gebastels a souguer e klenge Floumaart. Fir eng besonnesch schéi Stëmmung hunn sech d'Schüler aus dem Cycle 1 an 2 mat musikalesche Bäiträg agesat.

Fir Iessen a Gedrénks war och beschtens gesuergt, et gouf e Wupp mat Sauerkraut, Paangecher, Kuch, Glüwäin a Schocki. Och eng flott Tombola gouf op d'Bee gestallt. Ganz vill Leit haten de Wee an d'Hal fonnt, wat eis ganz besonnesch gefreet huet.

Mir freeën eis schonn elo op déi nächst Editioun, a soe jidderengem Merci fir d'Mataarbecht an d'Ënnerstëtzung.

*Elterevereenegung vu Waldbëlleg*

























# #BAMCHALLENGE 2025 – OCH D'ELTERE SINN DRUN



Net nëmmen de Klimateam an de Schäffen- a Gemengerot hunn drop gehalen, beim Bamchallenge (cf. Kapitel 6) derbäi ze sinn. Och d'Elteren hunn sech et net huele gelooss a mat engem jonke Prommebam derfir gesuergt, datt d'Traditioun vun den Uebstbeem an der Gemeng virugeet. Emol kucken, ob dorausser emol eng Dréppchen zustane kënnt.

*Foto: Nathalie Reinert*





Foto: Georges Koster





Foto: AMC

# VERÄINER // *ASSOCIATIONS*



# D'AEROMODELLISTE VU CHRËSTNECH



Hierscht-Wanter 25-26! Kal, naass mat jett Wand, an awer waren déi aktiv Piloten nawell dack an der Luucht am Vugelsbësch!






An dëser Editioun geet et haaptsächlech ëm de Motto:

**Beim AMC kréien se all Méigleches an d'Luucht!**

Um „Meet and Greet-Owend", deen d'Gemeng Waldbëlleg fir déi nei Awunner organiséiert hat, gouf et do emol eng Hex ze gesinn, déi nawell séier äerdeg iwwer de Flouer mam Biesem geditzt ass oder en Heli, deen ënnert engem 1,4 m grousse Rotor geturnt huet!









Dës Weidere sinn och Kannerspilldraachen, hei en Adler aus PE-Folie mat steierbarem Elektromotor (Dréizuel, Neigung, awer och lénks/riets schwenkbar) iwwer déi verschidde Senderfunktiounen, un d'Fléie bruecht ginn!

Net direkt, … awer no e puer Tester ass et e schéine Flug gi vum Vugel!

En nächste Projet ass ganz ouni Stellmotore fir d'Richtung auskomm an de chineeseschen Draach ass mat LED-Geliits equipéiert ginn a mat zwee klengen Elektromotoren!

Dréien se méi huerteg, klëmmt den Draach. Dréit de Motor lénks méi lues wéi dee riets, da gëtt eng lénks Kéier geflunn … asw.

Am spéiden Nomëtteg, wann d'Sonn ewell hanner Hiefenech verschwonnen ass, da liicht den Draach iwwer dem kale Flouer!











Bei de Membere vum AMC sinn nach jett interessant Projeten an der Maach, an dat neit Joer versprecht nees spannend ze ginn!

Mir wënschen de Lieser vum FUUSS e schéint neit Joer a bonne Chance beim Realiséiere vun Ären Iddien!

Bei Froen zu den Aktivitéite vum AMC kritt Dir gären déi néideg Explikatioune beim Paul Mehlen um Tel. 621 21 91 29.

*Redaktioun a Biller: Henri Beissel, Marcel Delleré, Ali Federmeyer, Romain Hanten, Norbert Hubert, Pol Mehlen a Push Steffen*

# FC OLYMPIA CHRËSTNECH WALDBËLLEG





De 25. Oktober hate mir erëm onst traditionellt Wëldiessen an der Cafeteria.

D'Déscher ware gutt besat, an de Leit huet et geschmaacht.

Weider ass et du gaangen den 21. November mam Kéisowend an der Bushal, wou mer och vill Leit haten an ee flotten Owend zesumme verbruecht hunn.

An dann de 5., 6. a 7. Dezember ware mir och um Chrëschtmaart am Mëllerdall mat 2 Bude vertrueden.

Trotz deem net esou gudde Wieder hate mir awer e flotte Weekend.

Den 19. Dezember hate mir och nach eng aktiv Fënster an der Buvette um Terrain.

Wat lo 2026 ugeet, geet et den 1. Mäerz erëm lass mat de Seniors.

Wann d'Wieder et erlaabt, maache mir och erëm deen een oder aneren Apero an der Buvette um Terrain, dat gitt Der dann an de soziale Medie gewuer.

Vum 20. bis de 24. Juli hu mir op dem syntheteschen Terrain mat FUSSBALLSTAGEN.LU e Stage fir Kanner déi tëscht 2012 an 2018 gebuer sinn.



**Hei dann nach ons Datumer fir ons Fester an der Zukunft:**

- **21.3. Fiesta Mexicana**
- **13.6. Paella Owend**
- **24.10. Wëldiessen**
- **20.11. Kéisowend**

Mir hoffen dann, deen een oder aneren op onsen Eventer oder och sonndes an der Buvette ze gesinn.

*Text a Fotoen: FCO*

## Léif Sportsfrënn,

den FC Olympia Chrëstnech-Waldbëlleg feiert 2026 säin 80. Gebuertsdag.

En Organisatiounscomité gouf gegrënnt, fir dëse Jubiläum esou ze gestalten, wéi en et verdéngt huet.

Am Kader vun dësem Jubiläum ginn ee Galamatch, ee regionaalt Turnéier an aner Events am Joer 2026 organiséiert.

Eng Broschür, déi de Club mat sengen iwwer 300 Memberen, dorënner bal 200 aktiver, virstellt, gëtt am Fréijoer 2026 realiséiert.

Wuelwëssend vun der grousser Sympathie, déi Dir ëmmer fir den FC Olympia Chrëstnech-Waldbëlleg empfonnt hutt, bidde mir Iech d'Méiglechkeet, an dëser Broschür ernimmt ze ginn, andeems Dir engem vun den heite Comitéë bäitriet:

*** Comité donateur (20 €)**
*** Comité d'honneur (40 €)**
*** Comité de patronnage (75 €)**

Mir wieren Iech dankbar, wann Dir de Montant vun Ärem Choix géift bis den 31. Mäerz 2026 op den heite Kont, mat der Mentioun „Broschür 80 Joer FCO" iwwerweisen:

BCEE: LU15 0019 8155 7405 3000
Titulaire vum Kont: FC Olympia Christnach / 80 Joer

Mir soen Iech Merci fir Är Ënnerstëtzung a verbleiwen, léif Sportsfrënn, mat beschte Gréiss.

*Den Organisatiounscomité vun 80 Joer FCO*



# NEWS VUM TURNVERÄIN ËMMER FIT

**Ëmmer Fit Charity**

Samschdes, den 20. September 2025, hu mir als Turnveräin Ëmmer Fit zesumme sportlech Ronne ronderëm den Iechternacher Séi gedréint – dëst am Lafen oder am Tréppelen. Dat Ganzt stoung am Zeeche vum gudden Zweck. All Ronn gouf vum Veräin mat 10 € gesponsert, esou datt mir am Ganzen 82 Ronnen zesummekritt hunn.



No der Ustrengung hu mir eis mat engem gudden BBQ an der Jugendherberg gestäerkt. Eng flott Aktivitéit, déi ee sécherlech gären nach eng Kéier widderhuele kann.

**Saison 25/26**

No dësem Warm-up si mir du méindes, den 22. September, offiziell an déi nei Saison gestart.

„Geturnt" gëtt dës Saison an dräi Gruppen: Um 18:30 Auer, wéi gewinnt, fänkt den Owend mam Soft-Gym un; direkt dono geet et weider mam traditionelle Workout um 19:30 Auer – alles ënnert der Leedung vun der Agata Klimek. Um 20:30 Auer kommen eis Männer an den Asaz, dëst ënnert der Leedung vum Fränz Rischette.

Déi zwee loossen sech ëmmer nees flott an ofwiesslungsräich Übungen afalen, fir eis a Form ze bréngen oder ze halen. Langweileg gëtt et op kee Fall.



Esou war et och de 15. Dezember, op eisem leschten Training virun de Feierdeeg: E mixed X-Mas-Workout stoung um Programm. All zesummen hu mir nach emol alles ginn. Geturnt gouf deen Owend an engem saisonal passenden Dress – vum Wiichtelchen bis zum beliichten Dännebeemchen. Schéin „dekoréiert" hu mir zesummen nach eng Kéier Vollgas ginn.





**Assemblée générale Saison 24/25**

Eise Neijoerschpatt hu mir och dës Saison erëm mat eiser Assemblée générale kombinéiert. Mëttwochs, den 7. Januar, hu mir op e flotte Owend mat Ham, Fritten an Zalot zu Miedernach op der Gare invitéiert. Mir hunn eis gefreet, datt trotz den net sou ideale Stroosseverhältnisser esou vill Memberen de Wee bis op Miedernach fonnt hunn.

Et goufen och e puer kleng Kaddoen als Merci verdeelt: e Bong fir eis Traineren, d'Agata an de Fränz.

Ausserdeem hu mir d'Geleeënheet genotzt, fir eise Scheck un d'Associatioun „ZAK! Zesummen aktiv" ze presentéieren. Leider konnten d'Damme vun der Associatioun den Owend nit dobäi sinn, fir de Scheck perséinlech entgéintzehuelen.

Wéi schonn ernimmt, hate mir den 20. September eisen Charity-Event um Iechternacher Séi. Mir sinn houfreg, der Associatioun ZAK! eng Spend vu 1.000,00 € kënne gemaach ze hunn.

Merci un all déi aktiv Memberen, déi alles ginn hunn, fir eis op dësem sportlechen a flotten Event ze ënnerstëtzen.

Am oppene Gespréich vun eiser Generalversammlung gouf ënner anerem och iwwer en zousätzlechen Ëmmer-Fit-Kurs geschwat. Vum 1. Februar 2026 u kënnen eis schon ageschriwwe Memberen un engem weidere Mixed-Kurs deelhuelen, donneschdes owes um 19:00 Auer, genee wéi méindes an der Sportshal zu Waldbëlleg.

Mir si frou, datt och dës Saison erëm sou vill Dammen an Häre bei eis matmaachen. E grousse Merci un Iech all!

Wien elo virwëtzeg ginn ass a Loscht huet, bei eis matzemaachen, kann sech gäre bei eis mellen: ***emmer.fit@gmail.com***. Oder einfach méindes owes emol laanscht schnuppere kommen. Avis aux amateurs.

Bis geschwënn – bleift gesond, FIT a monter!

*De Comité vum Turnveräin Ëmmer Fit*








Foto: Damaris

# KULTUR A GESCHICHT // *CULTURE ET HISTOIRE*

# UERGELFRËNN WALDBËLLEG

E Sonndeg, de 26. Oktober 2025 huet den Organist Lawrence Bacon aus Birmingham (GB) virun engem „klengen awer rengen" Publikum e Recital zu Waldbëlleg an der Kierch gespillt.

Um Programm stoungen haaptsächlech Uergelstécker vun engleschen an europäesche Komponisten aus Renaissance a Barock. Zu den Englänner hunn den Thomas Tallis, den Thomas Tomkins an den Henry Purcell gehéiert, vum Festland gouf et Wierker vu Scheidt, Buxtehude a Johann Sebastian Bach.

Als kleng Ofwiesslung goufen och e puer englesch Madrigaler aus dem 16. Jh. gesongen. (Sopran: Jean Scott-Bacon, Pamela Carlisle; Alt: Jane Wickens; Tenor: Henry Wickens; Bass: Lawrence Bacon). Mat e puer Stécker vun zäitgenësseschen englesche Komponisten (John Rutter, Anthony Baldwin) war och de moderne Repertoire vertrueden.

D'Uergelfrënn Waldbëlleg soen dem Lawrence a senger Fra Jean villmools Merci, dass si den Trajet vun England heihinner op Waldbëlleg gemaach hunn, a freeën sech, si an Zukunft erëm hei begréissen ze dierfen.

An dësem Joer feieren d'Uergelfrënn Waldbëlleg e grousse Jubiläum vun 30 Joer Bestoen. An dësem Kader gëtt et am Mäerz an am Mee e ***„Festival 30 Joer Uergelfrënn Waldbëlleg 1996-2026"*** mat am Ganze sechs Concerten.

**Concert no. 1: sonndes, 1. Mäerz**



**Ensembel Quatricinia: „Der musikalisch-türkische Eulenspiegel"**



Juan Ullibarri (Zinken, Zurna, Duddelsak); Heather Madeira (Barock-Trompett); Leon Ni (Barock-Trombonn); Idoia Bengoa (Dulzian); Alessandro Urbano (Uergel).

Wierker vun: Georg Daniel Speer (1636-1707), Johann Heinrich Schmelzer (1620-1680), Johann Jakob Froberger (1616-1667), Girolamo Frescobaldi (1583-1643), Pavel Josef Vejvanovskyc (ca. 1639-1693) a Bartolomé de Selma y Salaverde (1595-1638).

## Concert no. 2: sonndes, 22. Mäerz



**Ensembel Ad Libitum (Dir. Rosch Mirkes) mam Jos Majerus (Uergel)**



Uergelconcertoe vu
G. F. Händel an J. S. Bach,
Wierker vun C. Graupner,
S. Scheidt a V. Lübeck

## Concert no. 3: sonndes, 10. Mee



**„duo cembalorgano"**
**Stefanie Duprel a Francis Lucas (Uergel an Cembalo)**

Wierker fir Cembalo an Uergel vun: Ruggiero Trofeo, Ascanio Trombetti, Giovanni da Gabrieli, Lodovico Grossi da Viadana, J. P. Sweelinck, J. S. Bach, Eugène Gigout; Uergel solo: Sebastián Aguilera de Heredia, Georg Muffat; Cembalo solo: Elisabeth Jacquet de La Guerre.

## Concert no. 4: samsdes, 16. Mee



**Meedercherschouer „Fortissimo" vum Stater Conservatoire**
**Dir. Sylvie Serra;**
**Uergel: Marc Loewen**



Wierker vun: Christophe Bergossi; Hans Zimmer, Johann Sebastian Bach, Girolamo Frescobaldi ...

## Concert no. 5: sonndes, 17. Mee



**„Spirit of Hanse":**
**Paul Kayser (Uergel) a Semjon Kalinowsky (Braatsch)**

Wierker vu Komponisten aus den Hanse-Stied an -Niederlassungen: G. F. Händel, D. Buxtehude, G. P. Telemann, B. Marcello, J. Sweelinck ...

## Concert no. 6: sonndes, 31. Mee

### Michel Krier (Uergel)



Wierker vun ë. a. J. S. Bach,
G. Böhm, G. Muffat,
J. G. Müthel

*Den Entréespräis fir all Concert ass 25 € (Memberen: 20 €).*
*Fir dräi Concerte bezilt ee 70 € (Memberen: 50 €).*
*De Pass fir de ganze Festival kascht 130 € (Memberen: 100 €).*
*Member kann ee ginn, andeems een de Members-bäitrag 2026 vu 15 € op eise Kont bei der Spuerkeess LU52 0019 2900 0034 7000 iwwerweist.*

Am Februar 2026 gëtt eng Broschür mat weideren Detailer un d'Memberen an un d'Awunner vun der Gemeng Waldbëlleg geschéckt. Mir soen all de Sponsoren, déi eis beim Verfaasse vun dëser Broschür ënnerstëtzt hunn, heimat villmools Merci, wéi och der Gemeng Waldbëlleg fir hire Subside extraordinaire, deen am Dezember 2025 accordéiert ginn ass.

*Henry Wickens, President*

*D'Fotoe si vun de Museker selwer*



*Foto: Damaris*




# DIPLOMER AN DER MUSEKSSCHOUL

De 14. November war d'Remise des diplômes vun der Regionaler Museksschoul Iechternach am Trifolion a Presenz vum Commissaire du Gouvernement à l'Enseignement musical, dem Här Gilles Lacour.

Dëst Joer kruten 281 Schüler am ganzen 321 Diplomer virun engem volle Sall am Trifolion iwwerreecht an dat och ëmmer jeeweils zesumme mat de politesche Vertrieder vun de verschiddene konventionéierte Gemengen.

Den Optakt vum Owend huet de Sträichorchester mat éischtem Saz aus engem Concerto vum Antonio Vivaldi gemaach. Weider goung et du mat der Begréissung vun der Madamm Députée-Maire Carole Hartmann, déi alle Schüler fir hir aussergewéinlech Leeschtunge gratuléiert huet, an och allen Enseignanten an der Administratioun häerzlech Merci gesot huet fir hiren onermiddlechen Asaz dat ganzt Joer. Eis gutt regional Zesummenaarbecht, eis Instrumentevirstellunge fir Bléiser a Perkussioun, déi fir all Kanner aus den Écoles fondamentales vun eise Gemengen am Trifolion stattfonnt hunn, an d'Optrëtter vu fënnef vun eisen Enseignanten um Concert vum Trounwiessel um Glacis huet d'Madamm Buergermeeschtesch speziell ernimmt. Si huet alle Gemengen e grousse Merci ausgesprach fir déi gutt Zesummenaarbecht an Ënnerstëtzung. Den Owend ass weidergaangen mat engem Film mat eisen zwee Laureaten um Carillon, an duerno erëm op der Bün mat flotte Prestatioune vun eise Laureaten Holzbléiser, Perkussioun, Piano, Jazz a Rock/Pop an eng flott Virféierung vun eiser Jazzdanz-Klass. D'Amicale vun der Musekschoul huet, zesumme mat der Gemeng, der Schoul eng nei elektronesch Uergel offréiert, an si koum duerch e flotte Beitrag zesumme mat zwee Trompetteschüler, zum erkléngen.



*D'Laureaten aus der Gemeng Waldbëlleg mam Schäffe Romain Tobes*

D'Directrice Nadine Eder ass iwwer d'Virdeeler an och d'Gefore vun de neien Technologien an der Kënschtlecher Intelligenz an hirer Allocatioun agaangen. Grad am Beräich vun der Musek, déi duerch Gefill, Ausdrock a Perséinlechkeet, den eegenen Erfarungen, mat Freed an och Trauer gepräägt ass, wou zesumme geprouft gëtt, gedanzt gëtt, an Optretter sinn, muss de Mënsch am Vierdergrond bleiwen an d'Kreativitéit, d'Gedold an d'handwierklecht Kënnen héichgehale ginn. D'Directrice huet der Gemeng Iechternach, alle konventionéierte Gemengen an dem Ministère de l'Éducation ee grousse Merci ausgeschwat fir hir Ënnerstëtzung.

Ier et dann zur eigentlecher Remise vun den Diplomer iwwergaangen ass, huet den Här Gilles Lacour d'Enseignanten an d'Schüler fir hiren Engagement an hir Leeschtunge gelueft, an huet och den Elteren hir Ënnerstëtzung an Evidenz gesat an hinnen ee grousse Merci ausgeschwat. Hien huet der Gemeng Iechternach an alle konventionéierte Gemengen seng Dankbarkeet fir hir finanziell Participatioun ausgeschwat, fir dass d'Kanner, déi Jugendlech an och déi erwuesse Schüler weiderhi vun enger exemplaresch musikalescher Ausbildung an de Gemenge kënne profitéieren.

*Text a Fotoen: Regional Museksschoul Iechternach*

# BICHERSAIL – BOÎTE À LIVRES – BOOK BOOTH IN WALDBILLIG

Zu Waldbëlleg steet eng wonnerschéi Bichersail, aus Mëllerdaller Douglasienholz gemaach vum Robi Baden. Si ass schonn 2017 ageweit ginn.

Den Design ass inspiréiert vum Erfanner vun der Reklammesail, dem Ernst Litfaß aus Berlin.

D'Iddi vun enger Bicherkabinn ass den Zougang zu Bicher ouni Formalitéiten. Also eng Mini-Bibliothéik, wou ee gratis Bicher ausléine kann.

Kierzlech eréischt huet d'Stad Lëtzebuerg eng weider Bicherkabinn zu Gaasperech ageweit. A villen anere Gemengen, an eisen Nopeschlänner, an Amerika an an Australie fënnt een esou Bicherhaiserchер, oft immens flott dekoréiert.

Wie wär interesséiert, sech ëm d'Waldbëlleger Bicherkabinn ze këmmeren? Si soll propper bleiwen an attraktiv, d.h. den Inhalt an den Zoustand vun de Bicher, déi dra stinn, mussen acceptabel sinn. Mellt Iech bei der Gemeng: 83 72 87.

Une belle cabane à livres en bois de douglas local et construite par Robi Baden, menuisier, se trouve à Waldbillig à côté de l'entrée de la mairie.

Le design est inspiré par la colonne Morris.

Des livres y peuvent être déposés et empruntés gratuitement et sans formalités. Ces petites bibliothèques ont été mises en place dans de nombreuses communes de notre pays et à l'étranger.

L'accès libre et le fait que les boîtes à livres donnent une seconde vie aux livres expliquent leur succès. Il est entendu que la viabilité de ce service repose sur la responsabilité de tous les usagers.

Si vous êtes intéressés à soutenir la propreté et la qualité des livres de notre petite bibliothèque, contactez la commune : 83 72 87.

In Waldbillig , next to the mairie entrance there is a beautiful book case made from Mëllerdall Douglas wood. It was conceived and built by Robi Baden, local carpenter. He was inspired by the traditional advertising pillars (Litfaß columns).

Books there are free to borrow. And this little free library can harbour real treasures. Shocking or indecent content is taboo. And the books should be in good or in only a slightly used condition.

If you are interested in looking after the Waldbillig book case (making sure it remains clean and restocked), pls contact the commune: 83 72 87.



D’Zeremonie fir den 190. Gebuertsdag vum Michel Rodange war den 8. Juli 2017 um 17:30 Auer virum Haus an Nannetts zu Waldbëlleg. Dono ass d’Bichersail ageweit ginn. Doriwwer stoung am FUUSS 2017, op der Säit 289: „ ... do hunn de Premier- a Kulturminister an de Buergermeeschter, a Präsenz vun den Éieregäscht, ee Panneau mat Informatiounen iwwer dem Michel Rodange säi Liewen (a véier Sproochen) an eng Bichersail virun der Gemeng ageweit. Hei kënnen Interesséierter zu all Nuets- an Dageszäit Bicher ausléinen oder Bicher ofginn. Déi schéi Büst vum Michel Rodange vum italienesche Kënschtler Mario Pessot aus dem Joer 2001, de Panneau an d’Bichersail maachen zesummen elo ee « Ganzt », zu Éieren vum Nannetts Méchel.”

*Text: Isabelle Oberlé*
*Fotoen: Pierre Haas a Georges Koster*



# DE FIELSWEE NUMMER 1

Zum Mëllerdall-Trail gehéieren e puer Extra-Touren an et kann een esouguer nach méi Tréppelweeër an der Géigend fannen. Wien also net mat den 112 Kilometer Wanderung um eigentlechen Trail zefridden ass, kann hei nach eng Partie méi Strecken an d'Bee kréien.

Ee vun deene Weeër ass de sougenannten däitsch-lëtzebuergesche Wanderwee Fielswee Nummer 1.


Dee gouf kierzlech iwwerpréift an zertifiéiert, wat bedeit, datt de Wee nach ëmmer d'Critèrë vum däitsche Wanderinstitut erfëllt. De Redakter an Auteur Manuel Andrack vun deem Institut war am Juli an der Regioun ënnerwee, fir Deeler vum Wanderwee ofzelafen. Säi Fazit: „Der Premiumwanderweg Felsenweg 1 erfüllt weiterhin die Kriterien zum Erhalt des deutschen Wandersiegels“!

Hien huet bei senger Bewäertung 81 Erliefnespunkten accordéiert, wat zwee Punkte méi si wéi déi leschte Kéier. D'Opwäertung mat zwee Extrapunkte kënnt duerch de gutt koordinéierten ëffentlechen Transport.

Erfreelech war dem Manuel Andrack, datt op däitscher a lëtzebuergescher Säit de Wee duerch vill Uertschafte féiert, an datt de Fielswee 1 sech vun anere Fielsweeër kloer ënnerscheet. Hien ernimmt als Verbesserung haaptsächlech d'Markéierung.

De Fielswee 1 ass 17,9 Kilometer laang a féiert vun Iechternach duerch d'Wollefsschlucht an d'Huellee an an den Amphitheater Breechkaul bei Bäerdref. Da geet et an d'Weilerbach an op déi däitsch Säit bei d'Schlass Weilerbach. Laanscht spektakulär Fielsformatioune kënnt een op den Ernzerberg a bei d'Liboriuskapell, mat engem beandrockende Bléck op déi eelste Stad vu Lëtzebuerg, ier et erëm hannescht bei den Depart geet.

*Matgedeelt vum Office régional du tourisme région Mullerthal – Petite Suisse luxembourgeoise.*
*Iwwersetzung: Marc Barthelemy*





**Deemools**
Eis
Geschicht(en)



# Erzählen Sie,
## wie es damals war!

Für die Internetseite **deemools.lu**, die sich im Aufbau befindet, sammeln wir Zeitzeugenberichte, um ein lebendiges Bild der Vergangenheit zu bewahren und für alle zugänglich zu machen.

**Werden Sie Zeitzeuge und teilen Sie Ihre Erinnerungen zu Themen wie:**

- Alltag auf dem Land oder in der Stadt
- Schule, Ausbildung und Beruf
- Traditionen, Freizeit und Vereinsleben
- Gesellschaftlicher Wandel: Infrastrukturen, Mobilität, Zuwanderung und kulturelle Vielfalt

**Video-Interview an einem Ort und in der Sprache Ihrer Wahl.**

# Racontez
## comment c'était autrefois !

Pour le site internet **deemools.lu**, actuellement en construction, nous recueillons des témoignages pour préserver une image vivante du passé et la rendre accessible à tous.

**Devenez témoin de votre époque et partagez vos souvenirs sur des sujets tels que :**

- Le quotidien à la campagne ou en ville
- L'école, la formation et les métiers
- Les traditions, les loisirs et la vie associative
- L'évolution de la société : infrastructures, mobilité, immigration et diversité culturelle

**Entretien filmé au lieu et dans la langue de votre choix.**





**Infos**
T 36 04 78-44
GERO
oder / ou
T 89 93 31-202
Naturpark Öewersauer

Eine Initiative von
Une initiative de

gero KOMPETENZZENTER FIR DEN ALTER · NATURPARK ÖEWERSAUER · uni.lu UNIVERSITÉ DU LUXEMBOURG · C²DH LUXEMBOURG CENTRE FOR CONTEMPORARY AND DIGITAL HISTORY

Mit der Unterstützung von
Avec le soutien de

soutenu par œuvre nationale

In Zusammenarbeit mit
En collaboration avec

club aktiv

Foto: Luc Friedrich




# LIEWEN AN DER GEMENG // *VIE RURALE*

# MEET AND GREET 2025

De 16. Oktober hat de Schäfferot zesumme mat der Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliewen op den Owend vum Meet and Greet invitéiert, an den Hangar bei der Sportshal.

Do konnten déi nei Bierger vun der Gemeng d'Servicer vun der Administratioun kenneléieren, a krute Kontakt mat de lokale Veräiner an Associatiounen.

Et hate wéineg Leit déi Invitatioun ugeholl, sou datt fir d'nächst Joer iwwer en neit Konzept nogeduecht gëtt. Mee et war nawell en agreabelen an informativen Owend.



*Fotoen: Luc Friedrich*




*De Filipe Soares explizéiert d'Bauhäremapp*



*CGDIS: Simoes Valente Toni, Wagner Roland, Thill Jonathan*




*Badminton Regioun Mëllerdall: Luc Schmidt*




*Turnveräin Ëmmer Fit: Danielle Diederich, Nathalie Chevalier*





*Personal vun der Gemeng Waldbëlleg mat Schäffen- a Gemengerot: Kim Ruppert, Receveuse; Mike Michels, Conseiller; Andrée Henx-Greischer, Buergermeeschtesch; Chrëscht Berens, Conseiller; Gil Kohn, Joëlle Duschang, zouständeg fir État civil a Populatioun; Romain Tobes, Zweete Schäffen; Jorge De Oliveira, och zouständeg fir d'Populatioun; Martine Dimmer, Gemengesekretärin; Filipe Soares, zouständeg fir d'Bauten; Gilles Stein, Service technique; Corinne Meyers, Éischt Schäffin.*



*Elterevereenegung: Colin Zandstra, Philippe Claes*



*Waldbëlleger Musek: Véronique Mehlen, Nathalie Schilling*



*Jonk an Al: Camille Goedert, Willy Smit*



*Nordstadjugend: Katja Maraite, Shelly Trausch*




*Petite Suisse Country Club: Mario Adami,*
*Captain vum Petite Suisse Country Club*




*FC Olympia Chrëstnech-Waldbëlleg:*
*Danielle Tholl, Annick Menster*



*Chrëstnecher Aeromodellisten:*
*Norbert Hubert, Marcel Delleré, Pol Mehlen, Frank Mehlen*





*Club des Jeunes Chrëstnech: Michèle Duschang, Luc Nilles*



# CHRËSCHTMAART OP DER MILLEN

**De 5., 6. a 7. Dezember war de Chrëschtmaart op der Millen. Wéi gewinnt, hunn eng ganz Partie Stänn e schéine Choix offréiert u Chrëscht- a soss Artikelen aus dem Konschthandwierk. Ganz populär waren natierlech Iessen a Gedrénks, vun Net-méi-Thüringer a Choucroute bis, fir waarm ze halen, - wat déck néideg war -, zu Applejack a Glüwäin.**

***Fotoen: Damaris***













ÄPPELJACK
KEESS
CÄISSE



















*Foto: Damaris*










# ADVENTSFËNSTEREN



**Wéi et schonns Traditioun ass, ginn et an der Adventszäit véier Woche laang Adventsfënstere queesch duerch d'Gemeng Waldbëlleg. Déi hunn e grousse Succès, virun allem, wann et dobäi eppes z'iessen an ze drénke gëtt.**

**De Chrëscht Berens huet den Tour dovunner gemaach.**
Hei sinn e puer vu sengen Impressiounen am Bild.









































**Wann Dir un enger Fënster fir d'Editioun 2026 interesséiert sidd, da maacht wgl. eng E-Mail op *baden@pt.lu*. Merci!**










Foto: Damaris





## PÈRE ROBERT KUZWELA MULANDA

Enn Oktober 2025 ass de Père Robert a Pensioun gaang.

Hie gouf den 3. Mee 1961 am Kongo gebuer, huet do säin Theologiestudium gemaach. Säin Doktorat an der Philosophie huet hien op der kathoulescher Universitéit zu Louvain gemaach.

Vru bal 20 Joer hat hien e Buch erausbruecht mam Titel: „Processus d'intégration des immigrés en Europe, complexité et défis".

Am Fielsser Reider gëtt hien als hëllefsbereet, frëndlech, tolerant, empathesch, … sproochebegaabt" beschriwwen, mee hie „konnt awer och kamëss (exigent) a stuer sinn."

A fir de Parverband Fiels - Par Mëllerdall St. Michel war hien „ee Priedeger, Bréckebauer, een Evangelium Erklärer, een Nolauschterer, ee gudde Begleeder, ee Kranke-Besicher … an och een deen ni vergiess huet, deene Leit Merci ze soen, déi hien a senger Aarbecht ënnerstëtzt hunn".

Lo ass hien erëm a sengem Heemechtsland, dem Kongo, wou hie Coursen an der ethescher Philosophie op der Universitéit zu Kinshasa gëtt.

Baussent der Mass hu mir eis alt zoufälleg begéint an haten ëmmer interessant Gespréicher. Ech hunn hien als immens gentile Mënsch an Erënnerung wärend den 21 Joer, déi hien an eiser Par aktiv war.

Eisen neie Paschtouer ass de Charles Bremer, Joergang 1983, a virdru Paschtouer an der Par Monnerech-Schëffleng-Steebrécken. Wëllkomm!

*Text: Isabelle Oberlé, am Reider: Josiane Poos-Goedert, Fotoe vum Père Robert: Josiane Poos-Goedert, Isabelle Oberlé*

# PETITE SUISSE COUNTRY CLUB: Zesumme fir d'Natur – a fir e waarmt Wëllkomm beim Golf

### Beem, Hecken an nei Liewensraim

Wien an dëse Woche laanscht de Petite Suisse Country Club spadséiert, mierkt et direkt: Hei deet sech eppes. Mat vill Leidenschaft an der tatkräfteger Ënnerstëtzung vum Natur- a Geopark Mëllerdall huet eist Greenkeeping-Team scho 70 Beem a 500 Meter Heck geplanzt – a leescht domat e wichtege Bäitrag fir d'Natur an d'Duerf.

Déi nei Beem sollen net nëmme Schiet spenden an de Golfterrain verschéineren, mee et ginn no an no och Nistkëschten dra gehaangen, fir heemesche Vullenaarten en Doheem ze ginn. Déi frësch geplanzten Hecke schützen d'Spadséiergänger op de Weeër laanscht de Golf a loossen de Golfterrain Stéck fir Stéck nach méi natierlech wierken.

Wou et méiglech ass, gräife mir op heemesch Zorten zréck, well si zu eiser Landschaft gehéieren, Narung fir Déiere bidden an d'Biodiversitéit förderen. Ergänzt gëtt dat Ganzt duerch faarweg Wëllblumme-Wisen, déi am Fréijoer an am Summer hoffentlech vill summen a bléie wäerten.

### National Golf Days den 9. & 10. Mee 2026 – Kommt laanscht, entdeckt eppes Neies!

Am Fréijoer bidde mir allen Awunner vun der Gemeng Waldbëlleg an der Ëmgéigend eppes ganz Besonneschtes un: De Petite Suisse Country Club invitéiert den 9. an





10. Mee 2026 op déi zweet National Golf Days – eis Porte Ouverte um Site vum Golf vu Chrëschtnech.

Dës zwee Deeg sti ganz ënner dem Motto „Golf fir jiddereen". Mir wëllen Interesséierter, Familljen a Sport-begeeschtert gläichermoosse wëllkomm heeschen. Vill vun Iech ware vläicht nach ni op engem Golfterrain, a genee dofir lount sech e Besuch.

Eis méisproocheg Trainere weise gedëlleg a mat vill Humor, wéi een e Schléier hält, déi éischt Schwéng mécht a wourëms et beim Spill eigentlech geet. Gratis ausprobéieren, laachen, Neies entdecken – ganz ouni Hemmungen.

Och beim Pitch-&-Putt-Tournoi ka jidderee matmaachen; Golferfarung ass dofir net néideg. A mat e bëssi Chance geet et fir d'Gewënner esouguer op eng Rees a Spuenien. Ausserdeem bidde mir geféiert Visitten iwwer den Terrain un: spannend Abléck an d'Geschicht vum Club, den Entretien vum Terrain, an driwwer wat et bedeit, Natur a Sport an d'Gläichgewiicht ze bréngen.

Ob jonk oder al, sportlech oder éischter gemittlech – op dësen Deeg ass jiddereen häerzlech wëllkomm.

### Golfcourse vun der Ville de Luxembourg – zesummen, bezuelbar a mat vill Freed um Spill

Wien am Fréijoer Loscht huet, sech méi un der frëscher Loft ze beweegen, eppes Neies auszeprobéieren an dobäi flott Leit kennenzeléieren, fir dee sinn d'Golfcourse vun der Ville de Luxembourg genee dat Richtegt. Ab dem 14. Abréll fannen dës beléifte Coursen ëmmer dënschdes um Petite Suisse Country Club statt – an engem Ëmfeld, dat Rou, Natur a sportlech Erausfuerderung perfekt verbënnt.

D'Course riichten sech souwuel u komplett Ufänger wéi och u Golfer, déi hir Technik verdéiwe wëllen. Ënner fachkënneger a gedëlleger Uleedung léieren d'Participante Schrëtt fir Schrëtt d'Grondlage vum Golfspill – vum éischten Ofschlag iwwer dat kuerzt Spill bis hin zu Reegelen an der Etiquette. Dobäi steet net de Leeschtungsdrock am Vierdergrond, mee d'Freed un der Beweegung an um gemeinsame Léieren.

E besonnesche Pluspunkt: D'Course gi vun der Ville de Luxembourg zu ganz gënschtege Konditiounen ugebueden a sinn domat fir jidderee bezuelbar. Golf muss keen deieren Hobby sinn.

Besonnesch d'Léieren an der Grupp mécht de Reiz aus: Zesumme Fortschrëtter erliewen, sech géigesäiteg motivéieren, laachen iwwer deen engen oder anere verfeelte Schlag – dat alles gehéiert dozou a schaaft séier eng agreabel, entspaant Atmosphär. Vill Participanten erzielen, datt si net nëmmen de Sport fir sech entdeckt hunn, mee och nei Bekanntschafte geschloss hunn.

D'Aschreiwunge sinn ab Mäerz iwwer de Service Sports vun der Stater Gemeng méiglech. Besonnesch wichteg: D'Course stinn allen interesséierten Erwuessenen op, onofhängeg vum Wunnuert. Net nëmmen Awunner vun der Stad Lëtzebuerg, mee Mënschen aus der ganzer Regioun sinn häerzlech wëllkomm.

Wien also scho méi laang mat dem Gedanke spillt, Golf emol auszeprobéieren oder no enger sportlecher Aktivitéit sicht, déi Natur, Beweegung a Gesellegkeet verbënnt, fënnt hei den ideale Start.



## D'Association sportive du Petite Suisse Country Club ASBL – d'Häerz vum sportleche Clubliewen

D'Association sportive du Petite Suisse Country Club ASBL ass fir all sportlech Aspekter vum Club zoustänneg a spillt eng wichteg Roll am Alldag vum Petite Suisse Country Club. Si organiséiert Turnéieren a sportlech Manifestatiounen, déi d'Membere reegelméisseg zesummebréngen, a suergt gläichzäiteg fir eng lieweg an dynamesch Clubkultur. Nieft dem sportleche Kompetitiounsgeescht leet d'Associatioun grousse Wäert op Fairplay, Respekt a Gesellegkeet. Duerch hiert Engagement entsteet um Petite Suisse Country Club eng oppen an agreabel Atmosphär, an där de gemeinsame Sport, den Austausch an d'Freed um Zesummesinn am Mëttelpunkt stinn.

## Besonnesch Offere fir d'Awunner aus der Gemeng Waldbëlleg



Fir déi staark Verbonnenheet mat der Regioun ze ënnersträichen, bitt de Petite Suisse Country Club speziell erméissegt Tariffer fir d'Awunner vun der Gemeng Waldbëlleg un. Och Kanner a Jugendlecher profitéiere vu vergënschtegte Konditiounen, fir hinnen en einfachen an attraktiven Zougang zum Golfsport ze erméiglechen. Eist Zil ass et, Golf fir jiddereen zougänglech ze maachen an esou d'Freed um Sport an un der Natur weiderzeginn. Fir weider Informatiounen zu de verschiddenen Tariffer an Offere sti mir Iech gär perséinlech zur Verfügung – zéckt net, eis ze kontaktéieren.

# D'POPULATIOUN VUN DER GEMENG WALDBËLLEG

Ufank 2026 liewen iwwer 2000 Awunner an der Gemeng Waldbëlleg.

Dovunner sinn 72 Prozent Lëtzebuerger. Eng zéng Prozent vun de Leit kommen aus Portugal, an da ginn et och tëschent zwee an engem Prozent Fransousen, Däitscher, Belsch, Italiéiner, Britten a Brasilianer.

D'Alterspyramid ass net grad ganz ëmgedréint. Mee et liewe méi 40- a 50-Järeger hei ewéi Kanner a Jugendlecher. Bei deenen eeleren hëlt awer d'Populatioun ganz staark of. Mee et gëtt jo och keen Altersheem an der Gemeng.


Déi meeschten Awunner huet Chrëschtnech; da komme Waldbëlleg an Haler. Mëllerdaller a Freckeisener si wierklech rar geséint. Vu Suewelbuer a Grondhaff gehéiert jo just e klengen Deel zu eiser Gemeng.

*Marc Barthelemy*
*Statistiken: Joëlle Duschang*

## Habitants

| | féminin | masculin | *Total* |
|---|---|---|---|
| Christnach | 429 | 428 | ***857*** |
| Freckeisen | 18 | 11 | ***29*** |
| Grundhof | 3 | 6 | ***9*** |
| Haller | 205 | 220 | ***425*** |
| Mullerthal | 25 | 30 | ***55*** |
| Savelborn (Waldbillig) | 1 | 4 | ***5*** |
| Waldbillig | 304 | 316 | ***620*** |
| ***Total*** | ***985*** | ***1.015*** | ***2.000*** |

## Pyramide des âges



## Composition de la population par nationalité

| Nationalité | Habitants | | | Pourcentage Habitants | |
|---|---|---|---|---|---|
| | féminin | masculin | Total | féminin | masculin |
| apatride | | 1 | 1 | | 0,10% |
| albanaise | | 1 | 1 | | 0,10% |
| algérienne | | 1 | 1 | | 0,10% |
| allemande | 14 | 24 | 38 | 1,42% | 2,36% |
| américaine | 5 | 3 | 8 | 0,51% | 0.30% |
| australienne | 2 | 1 | 3 | 0,20% | 0,10% |
| autrichienne | 4 | 1 | 5 | 0,41% | 0,10% |
| bangladesh | | 1 | 1 | | 0,10% |
| belge | 16 | 13 | 29 | 1,62% | 1,28% |
| brésilienne | 13 | 7 | 20 | 1,32% | 0,69% |
| britannique | 12 | 9 | 21 | 1,22% | 0,89% |
| bulgare | 2 | | 2 | 0,20% | |
| burundais | 1 | | 1 | 0,10% | |
| camerounaise | 8 | 2 | 10 | 0,81% | 0,20% |
| cap-verdienne | 2 | 1 | 3 | 0,20% | 0,10% |
| chinoise | 1 | 1 | 2 | 0,10% | 0,10% |
| colombienne | 2 | | 2 | 0,20% | |
| espagnole | 5 | 11 | 16 | 0,51% | 01,08% |
| française | 13 | 28 | 41 | 1,32% | 2,76% |
| grecque | 1 | | 1 | 0,10% | |
| hongroise | 1 | 1 | 2 | 0,10% | 0,10% |
| irlandaise | 6 | 5 | 11 | 0,61% | 0,49% |
| islandaise | | 1 | 1 | | 0,10% |
| italienne | 12 | 14 | 26 | 1,22% | 1,38% |
| kosovare | 2 | 1 | 3 | 0,20% | 0,10% |
| lituanienne | 2 | 1 | 3 | 0,20% | 0,10% |
| luxembourgeoise | 708 | 725 | 1.433 | 71,88% | 71,43% |
| marocaine | 3 | 2 | 5 | 0,30% | 0,20% |
| mauricienne | 3 | 1 | 4 | 0,30% | 0,10% |
| monténégrine | 1 | | 1 | 0,10% | |
| nigériane | 2 | 3 | 5 | 0,20% | 0,30% |
| néerlandaise | 9 | 9 | 18 | 0,931% | 0,89% |
| philippine | 2 | | 2 | 0,20% | |
| polonaise | 9 | 9 | 18 | 0,91% | 0,89% |
| portugaise | 91 | 112 | 203 | 9,24% | 11,03% |
| roumaine | 2 | 3 | 5 | 0,20% | 0,30% |
| russe | 2 | 2 | 4 | 0,20% | 0,20% |
| slovaque | 3 | 3 | 6 | 0,30% | 0,30% |
| slovène | 2 | | 2 | 0,20% | |
| suisse | 1 | 1 | 2 | 0,10% | 0,10% |
| syrienne | 4 | 3 | 7 | 0,41% | 0,30% |
| sénégalaise | 1 | | 1 | 0,10% | |
| tchèque | | 2 | 2 | | 0,20% |
| togolaise | 3 | 1 | 4 | 0,30% | 0,10% |
| tunisienne | 1 | 1 | 2 | 0,10% | 0,10% |
| turque | | 1 | 1 | | 0,10% |
| ukrainienne | 7 | 3 | 10 | 0,71% | 0,30% |
| zimbabwéenne | 1 | | 1 | 0,10% | |
| inconnue | 2 | 2 | 4 | 0,20% | 0,20% |
| **Total** | **985** | **1.015** | **2.000** | **100,00%** | **100,00%** |

# AN DER GEMENG WALDBËLLEG SINN NUETS D'STROOSSELUUCHTEN AUS

### Luuchten aus! Vun 1:00 bis 4.30 Auer an der Gemeng Waldbëlleg

Säit 2023 huet d'Gemeng Waldbëlleg wärend bal 4 Stonnen d'Stroosseluuchten aus an der Nuecht.

Schonn 2018 huet de Leitfaden „Gutes Licht im Aussenraum für das Grossherzogtum Luxemburg" en Ëmdenke gefrot, fir d'Fauna an d'Flora – an de Mënsch – manner ze belaaschten. An: „Ein Mehr an Licht ist nicht gleichzusetzen mit einem Mehr an Sicherheit".

Zum Theema Sécherheet an Ëmweltschutz sinn sech d'Police, d'Sécurité routière, d'Naturverbänn, d'Architekten an d'Ingenieuren eens: „Less is more", a wa beliicht gëtt, da mat enger blendfräier LED-Beliichtung, déi an der Nuecht erofgesat ka ginn.

Tabu si Luuchten, déi Insekten ulackelen oder an den Himmel stralen.

Bei Sportsinfrastrukturen, déi oft um Rand vun enger Uertschaft stinn, soll eng (insektefrëndlech a raimlech begrenzte) Beliichtung just wärend de Betribszäite garantéiert sinn.

Zil ass d'„Vermeidung von Himmelsaufhellung und Lichtverschmutzung, die Belastung von Flora und Fauna minimieren. Energieeinsparung, Kosteneinsparung, $CO_2$-Minderung und Gesundheitsgewinn sind die Mehrwerte, die eine bedarfsgerechte Beleuchtung allgemein erreichen können".

Beweegungsmelder ronderëm d'Haus wären eng Alternativ fir eng besser Orientéierung an e Gefill vu Sécherheet.

Méi Detailer fannt Dir an de Quellennoweiser.

### Licht an: Künstliches Licht schadet

Die Natur braucht Licht um zu gedeihen. Aber wir brauchen auch einen natürlich dunklen Nachthimmel. Im dicht besiedelten Europa wird es immer schwieriger Himmelskörper auszumachen. Laut dem Naturschutzbund Deutschland erhellen wir unsere Welt immer mehr durch künstliches Licht, sei es durch Flutlichter, Straßenlampen oder exzessive Hausbeleuchtung.

Nicht notwendiges Licht wird Lichtverschmutzung genannt. Kunstlicht in der Nacht stört Pflanzenwachstum, Bestäuber, nachtaktive Tiere und trägt zum Insektensterben bei.

Auch die Menschen brauchen die Dunkelheit zur Erholung. Andauerndes Licht schadet dem natürlichen Tag-Nachtrhythmus und so der Gesundheit.

### Extinction de l'éclairage public à Waldbillig (de 1 à 4.30 heures le matin)

La brochure « Pollution lumineuse (préserver l'environnement nocturne pour la biodiversité » (2021) de l'Administration de la nature et des forêts (anf) recommande de repenser l'éclairage dans nos localités : « N'éclairer que ce qui est nécessaire. N'éclairer que quand c'est nécessaire ». Il s'agit surtout de réduire l'éclairage nocturne, un problème pour l'écosystème et la santé humaine.

En cas d'éclairage indispensable il faudrait focaliser la lumière sur les zones à éclairer et adapter les intensités lumineuses aux besoins réels.


### Who's afraid of .... the dark?

On the third Advent 2025 RTL published an article about how our desire to lighten up this dark season of the year winter lights can be harmful to nature and human health. The author, Adriano Anfuso, states that light pollution is spreading in Luxembourg, and has "consequences that often go unnoticed".

But, apart from the Christmas season, how much lighting is enough – in Waldbillig? In our commune, streetlights have been turned off between 1 am and 4.30 am since 2023 – to save energy and to protect biodiversity.

The police and mayor Andrée Henx have repeatedly stated that switching off street lighting has no negative impact on public safety. However, for those who still worry about home security, perhaps installing motion detectors or sensor lights could put their minds at rest?

*Text: Isabelle Oberlé*




*Quellen:*

- *09.12.2025: wort.lu/luxemburg/osten/wie-in-einer-geisterstadt-waldbillig-streitet-ueber-nachtbeleuchtung/111006806.html;*
- *12.05.2023: wort.lu/luxemburg/in-der-gemeinde-waldbillig-bleiben-die-lichter-nachts-aus/1449523.html;*
- *EBL Infographik (www.ebl.lu);*
- *environnement.public.lu/dam-assets/actualites/2018/06/Leitfaden-fur-gutes-Licht-im-Aussenraum.pdf;*
- *environnement.public.lu/dam-assets/documents/natur/biodiversite/infrastructures-vertes/pollution-lumineuse-GDL-mai2021-BD-planches.pdf;*
- *naturemwelt.lu;*
- *NABU Deutschland;*
- *Service des bâtisses, Gemeng Waldbëlleg;*
- *today.rtl.lu ("Why Christmas lights matter more than you think", 14.12.25)*




# OSKIN OP NEIER ADRESS

D'Team vun Oskin, Cabinet de Kinésitherapie et Ostéopathie, ass frou, Iech an engem neie Cabinet wëllkomm ze heeschen, op enger neier Adress: 14, rue des Fleurs ze Waldbëlleg

„Déiergäertches" ass equipéiert mat gutt erreechbarem Agang, Parkplaze virun der Dier an engem separaten Trainingsraum.

Dir kënnt OSKIN erreechen ënner der Telefonsnummer 26 87 37 98 oder iwwer den Internetsite ***www.oskin.lu***

*Matgedeelt vun OSKIN*
*Foto: Damaris*

# FASZINATION TROCKENMAUERN
## „De Wiichtel Wumm – E Mëllerdaller Dréchemauerbauer“




Der Natur- & Geopark Mëllerdall hat ein Kinderbuch zum Thema Trockenmauern veröffentlicht. Auf 30 liebevoll illustrierten Seiten veranschaulicht der Wichtel Wumm, ein Trockenmauerbauer aus dem Müllerthal, die vielseitigen Vorteile dieser traditionellen Baukunst, welche ein bedeutendes Kulturerbe darstellt.

Eines Tages, nach einer verheerenden Überschwemmung, wird Wichtel Wumm von verschiedenen Tieren aufgesucht, die ihr Zuhause verloren haben. Da Wichtel Wumm ein ausgezeichneter Trockenmaurer ist, kann er jedem Tier die passende Stelle in einer Trockenmauer als neues Zuhause einrichten. Somit lernen Kinder wo welche Tiere in einer Trockenmauer wohnen und wie diese gebaut wird.

Dadurch, dass Trockenmauern ohne Zusatzmaterialien wie Zement, Sand oder Metall errichtet werden, bieten die Fugen einen wertvollen Lebensraum für verschiedene Tier- und Pflanzenarten, wie beispielsweise Eidechsen, Wildbienen, Farne und viele andere. Darüber hinaus sind sie in der Lage Wasser zurückzuhalten, schützen vor Erosion und verbessern somit die Bodenqualität.

Geschrieben und illustriert wurde das Kinderbuch im Rahmen des Interreg Projektes Trockenmauern in der Großregion – Ein wertvolles Kulturerbe für Natur und Landschaft von Jo Goergen, ehemaliger Trockenmauer-Spezialist des Natur- & Geopark Mëllerdall.

Das Kinderbuch „De Wiichtel Wumm – E Mëllerdaller Dréchemauerbauer“ ist an verschiedenen Verkaufsstellen erhältlich. Das 30-seitige Buch im Format 20 x 20 cm mit Hardcover wurde komplett in Luxemburg angefertigt und ist auf umweltfreundlichem FSC-Papier gedruckt. Zurzeit ist das Buch exklusiv in Luxemburgisch verfügbar. Eine Liste aller Verkaufsstellen finden Sie unter ***www.naturpark-mellerdall.lu***.

*Matgedeelt vum Naturpark Mëllerdall*

*D'Buch kritt ee bei eis an der Géigend an der Metzlerei Hoffmann an der Fiels an zu Miedernach, an och am Camping Park Beefort.*




# VORSICHT VOR PHISHING PER SMS, E-MAIL ODER TELEFON!

1




**Der Betrüger gibt sich als vertrauenswürdiger Dritter** (staatliche Behörde, Bank...) aus und sendet Ihnen einen Link per SMS oder E-Mail. Er kann sogar mit einer **gefälschten luxemburgischen Nummer** anrufen.

2




**Die erhaltene Nachricht ist besorgniserregend** (z. B. illegale Bankabhebungen) **oder attraktiv** (Steuerrückerstattung, Auszahlung von Prämien...) und fordert zum **Klicken auf einen Link** auf.

3




Dieser Link führt zu einer **betrügerischen Website** mit dem Ziel, **Ihre persönlichen Daten zu stehlen.**

**Ratschläge zur Vorbeugung:**

- **Geben Sie niemals Informationen und persönliche Daten an Fremde weiter,** oder nach denen Sie per E-Mail, SMS oder anderen Nachrichtendiensten gefragt werden.
- **Klicken Sie nie auf einen Link**, der Ihnen von einer **unbekannten Quelle** geschickt wurde.
- Seien Sie misstrauisch bei Nachrichten oder Anrufen, die Sie zu einer schnellen Reaktion auffordern.
- **Lassen Sie sich niemals zu einer Zahlung oder zur Übermittlung Ihrer Daten drängen**, und nehmen Sie sich stets die Zeit, solche Anfragen zu hinterfragen.
- **Prüfen Sie immer, ob die Nachricht persönlich an Sie gerichtet ist,** bzw. ob sie **Fehler** oder **falsche Übersetzungen** enthält.
- Seien Sie sich bewusst, dass seriöse Organisationen und Unternehmen Sie niemals dazu auffordern, persönliche Daten per E-Mail zu senden.

**Wenn die Herkunft einer Nachricht oder eines Anrufs unklar ist und/oder Zweifel bestehen, wenden Sie sich zunächst über die üblichen Kommunikationsmittel an das betreffende Unternehmen, um zu überprüfen, ob es sich um einen Betrug handelt oder nicht.**

**Wenn Sie Opfer eines Betrugs geworden sind, wenden Sie sich an eine unserer Polizeidienststellen, um Anzeige zu erstatten.**


ZESUMME FIR IECH
POLICE.LU

POLICE LËTZEBUERG

# ATTENTION AUX PICKPOCKETS !

**EN GÉNÉRAL :** Méfiez-vous si des inconnus s'approchent trop près de vous. Les pickpockets utilisent divers moyens de distraction pour s'emparer discrètement de vos objets de valeur.

## LE DISTRACTEUR



Ne vous laissez pas distraire par des personnes inconnues. Gardez toujours un œil sur vos objets de valeur et gardez-les près de votre corps.

## LE BOUSCULEUR



Faites attention aux personnes qui vous bousculent ou qui s'approchent trop de vous. Gardez toujours vos sacs fermés.

## LE DANSEUR



Gardez une distance entre vous et des personnes inconnues qui vous serrent dans les bras ou qui dansent près de vous.

## LE SOLLICITEUR



Faites attention aux personnes qui s'approchent trop près de vous pour vous demander p.ex. de la monnaie ou des cigarettes.




Foto: Damaris

# KLIMAPAKT AN NATURPAKT //
# *PACTE CLIMAT ET PACTE NATURE*

# KLIMAPAKT



### Léif Biergerinnen a Bierger aus der Gemeng Waldbëlleg

Nach den wohlverdienten Feiertagen möchte ich nicht versäumen den Bürgern und Bürgerinnen von Waldbillig alles Gute für 2026 zu wünschen. Seit dem Herbst hat sich noch einiges im Klimapakt getan, worüber ich im Folgenden berichten möchte.



### Erster gemeinsamer Klimateam-Austausch in Kooperation mit den Nachbargemeinden:

Erstmalig fand am 3. November 2025 ein Austausch mit den drei Klimateams der Gemeinden Bech, Consdorf und Waldbillig statt. Wir hatten einen regen Austausch und diskutierten rege über das Bergen von gemeinsamen Synergien im Klimapakt allgemein und erneuerbare Energien im Besonderen. Es kann festgehalten werden, dass wir einen fruchtbaren Austausch hatten und wir an diesem Format festhalten wollen. Das Folgetreffen fand am 15. Januar 2026 im „Kärespeicher" in Müllerthal statt.

### Öffentliche Beleuchtung:

Die Umrüstung der öffentlichen Beleuchtung auf LED-Technik schreitet voran. So wurden bei der Festlegung des Budgets für 2026 zwei Projekte in Waldbillig und Müllertal aufgenommen. Neben dem Effekt des Energiesparens (ca. 85 % gegenüber herkömmlicher Beleuchtungstechnik) und der damit verbunden $CO_2$-Reduktion kann auf diese Weise mittel- und langfristig der Gemeindehaushalt entlastet werden.



*Mairie in Waldbillig. © Filipe Soares*



*Buvette. © Daedalus*

**Fertigstellung weiterer PV-Anlagen auf gemeindeeigenen Gebäuden:**

Auf dem Gebäude der Heizzentrale (ca. 30 kWp), auf der Mairie in Waldbillig (ca. 20 kWp) sowie auf der neuen Buvette (ca. 30 kWp) wurden Photovoltaikanlagen installiert. Die damit erzeugte Strommenge entspricht etwa dem Äquivalent von ca. 16 Vierpersonenhaushalten.

**Bürgerforum in Kooperation mit den Gemeinden Consdorf, Heffingen und Waldbillig:**

Nach dem sehr erfolgreichen letzten Bürgerforum mit den oben genannten Gemeinden findet am 3. Februar 2026 gegen 18:00 Uhr eine Neuauflage dieses Bürgerevents im „Kärespäicher" in Waldbillig statt. Folgende Themen werden sicherlich ganz oben auf der Agenda stehen:

- Bau und Betriebsoptimierung von PV-Anlagen
- Eigenstromstromnutzung und Stromsharing
- Bau, Planung und Betrieb, sowie Finanzierung von Wärmepumpen
- e-Mobilität

**SolarChallenge:**

Nachfolgende Tabelle zeigt den letzten Stand vom 10. September 2025 der SolarChallenge in den Gemeinden Waldbillig, Bech und Consdorf. Die Gemeinde Waldbillig liegt mit knapp 14 % Umsetzung des Solarpotenzials an der Spitze.

Waldbillig belegt im nationalen Ranking Platz 44, gefolgt von der Gemeinde Bech auf Platz 47 und der Gemeinde Consdorf auf Platz 75.

Unter folgendem Link können die Details nachgelesen werden ***https://maint.gouvernement.lu/fr/circulaires/circulaires2025/circulaire-2025-050.html***

Weitere Informationen in Sachen SolarChallenge finden sich unter folgendem Link: ***https://solarchallenge.lu***

**Circular Economy:**

Mit der Firma SECOND LIFE wurde eine Vereinbarung zur lokalen Sammlung und regionalen energetischen Verwertung von Zigarettenfiltern geschlossen.

**Ausblick:**

Für 2026 strebt die Gemeinde Waldbillig eine Gold-Auditierung an. Der Ausbau von weiteren gemeindeeigenen PV-Anlagen und Ladestationen steht auf dem Programm.

Derzeit steht noch die Überarbeitung des Renovierungskonzeptes für die kommunalen Gebäude an. Weiterhin steht die Teilnahme an einem Gemeinschaftskonzept mit den Gemeinden Goesdorf und Bech im Rahmen des nationalen Smart-City-Programms auf der Agenda.

An der Stelle möchte ich noch kurz auf den diesjährigen Klimapakttag hinweisen, der am 8. Mai im Cercle Cité (Place d'Armes) in Luxemburg-Stadt stattfinden wird.

Ganz herzlichen Dank an alle, die sich mit ihrem Engagement für den Klimapakt einsetzen. Sie sind ein gutes Vorbild und motivieren uns für die Zukunft!

*Bernhard Jäckel*
*(Klimapaktberater)*

| | Gemeinde | Installierte Leistung / Gesamtpotenzial | Installierte Gesamtleistung (kW) | Potenzielle Gesamtleistung (kW) |
|---|---|---|---|---|
| **01** | **Colmar-Berg** | **57,13 %** | **19 618,55 kW** | **34 340 kW** |
| **02** | **Lenningen** | **39,09 %** | **7 840,51 kW** | **20 060 kW** |
| 44 | Waldbillig | 15,12 % | 3 837,77 kW | 25 390 kW |
| 53 | Bech | 14,27 % | 2 428,77 kW | 17 018 kW |
| 78 | Consdorf | 9,44 % | 2 571,20 kW | 27 243 kW |







*Foto: Damaris*

# DER NATURPAKT: ENGAGEMENT FÜR BIODIVERSITÄT UND LEBENSQUALITÄT IN WALDBILLIG


Der Schutz der natürlichen Umwelt und der Erhalt der biologischen Vielfalt sind zentrale Herausforderungen unserer Zeit. Um die Gemeinden in Luxemburg bei dieser Aufgabe gezielt zu unterstützen, wurde der Naturpakt ins Leben gerufen. Er ist ein nationales Instrument, das im Koalitionsvertrag von 2018 vorgesehen wurde und sich am bewährten Modell des Klimapakts orientiert.

Ziel des Naturpakts ist es, kommunale Initiativen zur Wiederherstellung und Förderung der Biodiversität zu stärken. Gemeinden werden dabei finanziell unterstützt, abhängig von ihrem Beitrag zur Umsetzung des nationalen Naturschutzplans (PNPN), von Maßnahmen im Bereich Wasserschutz sowie von Projekten zur Anpassung an den Klimawandel. Grundlage dafür ist ein umfangreicher Maßnahmenkatalog, der gemeinsam mit Gemeinden, Fachverwaltungen und Akteuren aus dem Naturschutz entwickelt und laufend weiterentwickelt wurde.

### Waldbillig im Naturpakt

Die Gemeinde Waldbillig ist dem Naturpakt am 4. November 2021 beigetreten und engagiert sich seit-her aktiv in den verschiedenen Handlungsfeldern. Beim letzten Audit am 24. Juni 2024 erreichte die Gemeinde eine Gesamtbewertung von 43,09 % und damit die Basiszertifizierung (40 %).






Die Punkte verteilen sich auf folgende Bereiche:

Naturschutz allgemein: 33,8 %
Siedlungsraum: 57,9 %
Offenland: 17,3 %
Wasser: 40,7 %
Wald: 61,2 %
Kommunikation und Kooperation: 53,7 %

Diese Ergebnisse zeigen, dass Waldbillig bereits in mehreren Bereichen gut aufgestellt ist, gleichzeitig aber auch noch Entwicklungspotenzial besteht. Ein wichtiger Ausgangspunkt für die weitere Arbeit im Rahmen des Naturpakts.

### Fokus auf das erste Kapitel: Naturschutz allgemein

Das Kapitel „Naturschutz allgemein" bildet eine wichtige Grundlage des Naturpakts. Es betrachtet, wie strategisch und strukturiert eine Gemeinde das Thema Natur- und Umweltschutz angeht.

In Waldbillig wurde eine mehrjährige Strategie zu Natur- und Wasserschutz, zur Begrünung der Ortschaften sowie zur Klimaanpassung ausgearbeitet und vom Gemeinderat beschlossen. Damit verfügt die Gemeinde über einen klaren Rahmen, der langfristige Ziele definiert und konkrete Maßnahmen ermöglicht.

Darüber hinaus ist Waldbillig Vollmitglied des Natur- & Geopark Mëllerdall und beteiligt sich aktiv am „Comité de pilotage Natura 2000 Mëllerdall". Diese Zusammenarbeit ist besonders wichtig, da viele ökologische Herausforderungen nicht an Gemeindegrenzen enden.



Ein weiterer zentraler Punkt ist die Bedeutung der Natura-2000-Gebiete. In Waldbillig machen diese Schutzgebiete 17,23 % der gesamten Gemeindefläche aus. Zusätzlich befinden sich 107,5 Einheiten an gemeindeeigenen Flächen innerhalb von Natura-2000-Gebieten. Diese Flächen unterliegen besonderen Schutzanforderungen und spielen eine wichtige Rolle für den Erhalt wertvoller Lebensräume und Arten.

### Wie geht es weiter?

Im Rahmen dieser Artikelserie zum Naturpakt wird in der nächsten Ausgabe ein weiteres Kapitel genauer beleuchtet: „Der Siedlungsraum". Dabei geht es unter anderem um Grünflächen im Dorf, naturnahe Gestaltung, Biodiversität im Alltag und die Rolle der Gemeinde bei Planung und Pflege.

*Text: Luc Friedrich*
*Fotos: Damaris*




# ENG LOKAL ENERGIECOMMUNAUTÉIT ZU HALER: STROUM DEELEN – FIR JIDDEREEN E GEWËNN

### Auszeechnung fir en aussergewéinlecht Engagement

Den 20. Oktober 2025 gouf den Här Marc Durbach mat engem Solarpräis an der Kategorie „Veräiner a lokal Gemeinschaften" vun Eurosolar ausgezeechent. Dës prestigiéis Auszeechnung honoréiert säin aussergewéinlecht Engagement fir d'Energietransitioun an ënnersträicht de Virbildcharakter vu sengem Projet.

D'Gemeng ass houfreg, esou engagéiert an innovativ Bierger an hire Reien ze hunn, déi konkret Léisunge fir eng nohalteg Energieversuergung entwéckelen a liewen.

### Eng Iddi an der Praxis

Als Initiateur vun enger lokaler Energiecommunautéit huet de Marc Durbach (40, rue des Romains) e Projet op d'Bee gestallt, bei deem lokal produzéierte Stroum, zum Beispill aus Photovoltaikanlagen, direkt tëscht de Membere gedeelt gëtt.

### *D'Grondiddi ass einfach:*

Stroum, dee lokal produzéiert gëtt,
soll och lokal genotzt ginn:

- zu faire Präisser fir Produzenten a Konsumenten.

### *Firwat Stroum deelen?*

Am klassesche System kritt een:

Ronn 7 Cent/kWh, wann een Iwwerschossstroum un de Fournisseur verkeeft, bezilt awer gläichzäiteg 15 Cent/kWh a méi, plus Netzkäschten, fir Stroum ze kafen.

An der Energiecommunautéit gouf dofir e gemeinsame Präis vun 11 Cent/kWh festgeluecht:

+ de Produzent kritt méi wéi um Marché,
+ de Konsument bezilt manner wéi beim Fournisseur.
→ Eng Win-Win-Situatioun fir all Memberen.

*Wa Produzent a Konsument manner wéi 300 Meter ausernee leien, fale keng Netzkäschten un.*

***Wou steet d'Energiecommunautéit Enn 2025?***

Aktuell ginn et véier aktiv Groupe de partage:

- Haler Réimerstrooss (uewen)
- Haler Réimerstrooss (ënnen)
- Haler Henerecht
- eng national Energie-Grupp

***D'Zuele schwätze fir sech:***

Am Zäitraum vum 5. Januar bis de 5. November 2025:

- 45.024,52 kWh Stroum produzéiert
- 5.089,23 kWh goufen intern gedeelt

Präis um Marché: 18,93 Cent/kWh
Präis an der Communautéit: 11 Cent/kWh
→ Spuerpotenzial: 7,93 Cent/kWh

**Resultat:**

- 403 € spueren d'Konsumenten
  (ab 2026, ouni Subventioun, souguer 594 €)
- mindestens 203 € méi Recettë fir d'Produzenten

**Eng Initiativ mat Zukunft**

Dëse Projet weist kloer: D'Energiewend fänkt lokal un.

De Marc Durbach wëll d'Initiativ och an Zukunft weider ausbauen an nach méi Leit aus der Gemeng Waldbëlleg fir d'Iddi vun der lokaler Energiecommunautéit begeeschteren.

**Kontakt:**

Marc Durbach
marc@durbach.com
661 19 61 14

*Text: Luc Friedrich*
*Foto: Michel Logeling*

## ASSEMBLÉE GÉNÉRALE VUM ENERGIEPARK MËLLERDALL

Den 9. Dezember 2025 huet d'Assemblée générale ordinaire vum Energiepark Mëllerdall an der Fiels stattfonnt. De President Marc Weides huet d'Membere begréisst an e Réckbléck op d'Joer 2024 ginn. Trotz engem schwaache Sonnejoer hunn déi 11 Photovoltaik-Anlage 405.455 kWh produzéiert. D'Kapital vun der Kooperativ ass ëm 153.000.- € gewuess, an d'Finanze bleiwe stabil.

De Bilan 2024 an de Budget 2025 goufen eestëmmeg ugeholl. Am Verwaltungsrot gouf d'Demissioun vum Grënnungsmember Daniel Schaaf mat Merci ugeholl, an de Marc Durbach gouf definitiv als Administrateur ratifizéiert.

De President huet verschidde wichteg Zukunftsprojeten annoncéiert, dorënner nei PV-Anlagen zu Bech, Hemstel a Beefort, souwéi d'Entwécklung vu Communautés énergétiques an d'Ofschléisse vu Kontrakter de partage mat de Gemengen am Natur- & Geopark Mëllerdall.

Zum Schluss hunn den Olivier Martin an de Marc Durbach d'Méiglechkeeten am Beräich vun Energiegemeinschaften erkläert. D'Seance ass mat engem Verre d'amitié ofgeschloss ginn.

*De Verwaltungsrot vum Energiepark Mëllerdall*



*Text & Foto: Marc Weides*

# #BAMCHALLENGE 2025 –
# DE KLIMATEAM VUN DER GEMENG WALDBËLLEG MÉCHT MAT!

De Klimateam vun der Gemeng Waldbëlleg huet mat vill Begeeschterung d'Nominatioun vun der Nohaltegkeetskommissioun aus der Gemeng Bech fir de Bam-Challenge ugeholl an domat e staarkt Zeeche fir eng gréng an nohalteg Zukunft gesat.

Dës landeswäit Initiativ huet e kloert Ziel: bannent 72 Stonnen nom Erhale vun enger Nominatioun ee Bam planzen an d'Aktioun un déi nächst Gemeng, Persoun oder e Veräi weiderginn.

Mat engem héich motivéierte Klimateam gouf e Bierebam virun der Schoul, niewent dem Gebai vum techneschen Déngscht zu Waldbëlleg, gesat – e Symbol fir Natur, Liewen an Nohaltegkeet.

Duerno huet de Klimateam d'Klimateamer aus de Gemenge Beefort, Fiels an Hiefenech erausgefuerdert, fir och si zu enger Planzaktioun ze animéieren.

Mat dëser symbolescher, awer wichteger Aktioun wëll de Klimateam e kloert Engagement fir de Klimaschutz weisen an aner Gemengen, Persounen oder Veräiner motivéieren, hire Bäitrag zu enger lieweger an nohalteger Ëmwelt ze leeschten.

E grousse Merci un all déi, déi bei dëser flotter Initiativ matgemaach an hir Ënnerstëtzung gewisen hunn.

*Text: Filipe Soares*
*Fotoen & Video: Joëlle Duschang*



*Video:*
*#BAMCHALLENGE 2025*



## EN ZWEET LIEWE FIR ZIGARETTESTËMP

D'Iddi ass einfach: e gesellschaftleche Probleem an eng ëmweltfrëndlech Léisung transforméieren, andeems een Zigarettestëmp en zweet Liewe gëtt!



D'Gemeng huet e strukturéierte Projet ëmgesat, fir géint d'Verschmotzung duerch Zigarettestëmp unzekämpfen. Véier personaliséiert Äschebecher, an de Faarwe vun der Gemeng a mat hirem Logo, goufen um Gemengegebitt installéiert, fir d'Bierger ze sensibiliséieren an d'Präsenz vu Stëmp am ëffentleche Raum effektiv ze reduzéieren.

De Projet gëtt an Zesummenaarbecht mat der lëtzebuergescher Firma SECOND LIFE realiséiert, déi mam Label Made in Luxembourg fir hire Know-how an der Sammlung an der Valoriéierung vu Stëmp ausgezeechent ass. Dank hirem innovative Prozess ginn déi gesammelt Stëmp zu Lëtzebuerg an Ersatzbrennstoff transforméiert, wat dozou bäidréit, d'Notzung vu fossillen Energien ze reduzéieren.

D'Äschebecher goufen zu Lëtzebuerg entworf a produzéiert, manner wéi 30 km vun der Gemeng ewech, wat eng lokal an nohalteg Approche ënnersträicht. Dës Wiel passt perfekt an eng Logik vun der Kreeslafwirtschaft.

D'Gemeng ass houfreg, dëse Projet an Zesummenaarbecht mat SECOND LIFE ëmgesat ze hunn – eng beispillhaft an engagéiert Initiativ fir den Ëmweltschutz.

## DONNER UNE SECONDE VIE AUX MÉGOTS DE CIGARETTES

L'idée est simple : transformer un problème sociétal en une solution environnementale en donnant une seconde vie aux mégots de cigarettes !

La commune a mis en place un projet structuré visant à lutter contre la pollution liée aux mégots. Quatre cendriers personnalisés, réalisés aux couleurs de la commune et intégrant son logo, ont été installés sur le territoire communal afin de sensibiliser les citoyens et de réduire efficacement la présence de mégots dans l'espace public.

Ce projet est mené en collaboration avec la société luxembourgeoise SECOND LIFE, labellisée Made in Luxembourg pour son expertise dans la collecte et la valorisation des mégots. Grâce à son procédé innovant, les mégots collectés sont transformés au Luxembourg en combustible de substitution énergétique, contribuant ainsi à réduire l'utilisation des énergies fossiles.

Les cendriers ont été conçus et fabriqués au Luxembourg, à moins de 30 km de la commune, renforçant ainsi une démarche locale et durable. Ce choix s'inscrit pleinement dans une logique d'économie circulaire.

La commune est fière d'avoir réalisé ce projet en partenariat avec SECOND LIFE, une initiative exemplaire et engagée en faveur de l'environnement.

*Text: Filipe Soares*
*Foto: Erol Mehovic*

École du Goût

## ÉCOLE DU GOÛT

Die École du Goût ist ein interdisziplinäres Projekt im Bereich der Ernährungs- und Verbraucherbildung, das Menschen jeden Alters einen Zugang zu einer gesunden und nachhaltigen Esskultur ermöglicht. Besonderer Wert wird dabei auf die Verwendung saisonaler und regionaler Produkte gelegt. Die École du Goût ist ein gemeinsames Projekt der Naturparke Our, Öewersauer und dem Natur- & Geopark Mëllerdall. Weitere Informationen finden Sie unter ecoledugout.lu.



## Walnüsse - Ein Schatz aus der Natur für die Winterküche




Foto: Damaris

In diesem Jahr trugen die Walnussbäume besonders reichlich. Wer frische Walnüsse sammelt oder kauft, sollte darauf achten, dass sie sich fest anfühlen und eine unbeschädigte Schale besitzen. Lagern Sie Walnüsse am besten luftdicht verschlossen, möglichst kühl und dunkel. Wenn der Kern in der Schale wackelt oder ranzig riecht, ist die Nuss nicht mehr genießbar.

### Kleine Nuss, große Wirkung

Walnüsse punkten mit wertvollen Inhaltsstoffen: Omega-3-Fettsäuren (Alpha-Linolensäure), Folsäure und Provitamin A, sowie den wichtigen Mineralstoffen Kalium und Magnesium. Bereits eine kleine Handvoll, also rund 25 Gramm täglich, wie von der Deutschen Gesellschaft für Ernährung empfohlen – unterstützt Herz, Kreislauf und Gehirn.

Auch in puncto Nachhaltigkeit schneidet die Walnuss hervorragend ab: Im Vergleich zu Mandeln oder Cashewkernen verursacht sie geringere Treibhausgasemissionen und benötigt weniger Wasser. Zudem stammen viele im Handel erhältliche Walnüsse aus europäischem Anbau, beispielsweise aus Luxemburg oder Frankreich, sodass lange Transportwege entfallen.



# Nussplätzchen mit Honig

## Zutatenliste für 25 Stück

125 g Dinkelvollkornmehl
125 g Weizenmehl
100 g fein gehackte regionale Walnüsse
100 g Butter
80 g regionaler Honig
Ei
1 TL Zimt
1Prise Salz
1 TL abgeriebene Orangenschale oder
fein geriebener Ingwer (je nach Geschmack)
1 verquirltes Ei
120 g Bitterschokolade
2 EL gehackte regionale Walnüsse

## Zubereitung

Honig und Butter bei niedriger Hitze in einem kleinen Topf schmelzen. Kurz abkühlen lassen.

Mehl, Walnüsse, Zimt, Orangenschale (oder Ingwer) und Salz in einer Schüssel vermengen.

Die Honig-Butter-Mischung und das Ei zu den trockenen Zutaten geben. Alles gut verkneten, bis ein glatter, weicher Teig entsteht. Falls der Teig zu klebrig ist, etwas Mehl dazugeben. Den Teig 30 Minuten im Kühlschrank ruhen lassen.

Teig auf einer bemehlten Fläche ca. 5 mm dünn ausrollen. Mit Ausstechformen Plätzchen ausstechen und auf ein mit Backpapier belegtes Blech legen. Mit dem verquirlten Eigelb bestreichen.

Im vorgeheizten Ofen bei 170 °C Umluft etwa 10-12 Minuten backen, bis die Plätzchen goldbraun sind. Auf einem Gitter auskühlen lassen.

Die Schokolade im Wasserbad schmelzen lassen. Die Plätzchen damit verzieren und mit gehackten Walnüssen dekorieren.

### Vielseitig in der Küche

Walnüsse sind wahre Alleskönner in der Küche. Ob herzhaft oder süß, sie verleihen vielen Speisen eine feine, nussige Note. Sie schmecken köstlich in Salaten, Soßen und Gemüsegerichten, etwa in einer Kürbispfanne oder als Walnuss-Pesto zu Pasta. Auch beim Backen sind sie sehr beliebt, sei es in Brot, Kuchen, Plätzchen oder Müslis oder einfach als knackiger Snack zwischendurch. Ihr nussig-herbes Aroma harmoniert wunderbar mit Honig, Äpfeln und Birnen – typischen Zutaten der Winterküche.

### Walnussöl - feines Aroma in der Flasche

Das goldgelbe Walnussöl ist nicht nur ein wahrer Genuss, sondern enthält auch wertvolle ungesättigte Fettsäuren und Vitamin E, das als Antioxidans wirkt.

Das empfindliche Öl sollte kühl und dunkel gelagert werden. Ungeöffnet ist es etwa ein Jahr haltbar. Nach dem Öffnen sollte es im Kühlschrank aufbewahrt werden. Sein kräftiges Nussaroma kommt in Salatdressings gut zur Geltung, vor allem in Kombination mit eher herb-würzigen Salatsorten wie Feldsalat, Endivie und Rucola. Zum Braten eignet es sich hingegen nicht, da hohe Temperaturen die feinen Inhaltsstoffe zerstören würden.

*Text a Fotoen:*
*Natur- & Geopark Mëllerdall*

## WAT ASS LASS AN DER GEMENG? //
## *QUE FAIRE DANS LA COMMUNE ?*



*Foto: Damaris*

# AGENDA

**Samschdes, den 28. Februar** ass d'Generalversammlung vun der Société préhistorique luxembourgeoise um 15 Auer am Mëllerdall um Kärespäicher an der Heringer Millen.

**Sonndes, den 1. Mäerz** spillt de Blechblosensembel Quatricinia: Musek aus Renaissance a Barock, mat Juan Ullibarri (Zinken, Zurna, Duddelsak); Heather Madeira (Barock-Trompett); Leon Ni (Barock-Trombonn); Idoia Bengoa (Dulzian); Alessandro Urbano (Uergel). Organiséiert ass dëst Event vun den Uergelfrënn.

Et ass den 1. Concert am Kader vum Jubiläumsfestival fir 30 Joer Uergelfrënn an 10 Joer Waldbëlleger Uergel.

→ *All Concerte vum Festival sinn um 17 Auer zu Waldbëlleg an der Kierch an Tickete kritt een iwwer* ***waldbelleg@uergelfrenn.lu*** *oder iwwer Telefon beim Henry Wickens: 621 45 32 52.*

**Dënschdes, de 17. Mäerz** ass d'Generalversammlung vu Jonk an Al um Käerespäicher op der Heringer Millen.

**Samschdes, den 21. Mäerz** invitéiert den FC Olympia Christnach op d'Fiesta Mexicana zu Waldbëlleg an der Sportshal.

***Samschdes, den 21. Mäerz*** invitéiert d'Société préhistorique luxembourgeoise zesumme mam Natur- a Geopark Mëllerdall op en Initiatiounscours „Vum Faustkeil zum Millesteen".

Et léiert een do, prehistoresch Objeten ze erkennen an ze datéieren.

Dee Cours ass um 14 Auer am Mëllerdall am alen Hotel Cascades; en ass gratis, mee et muss ee sech umellen um Telefon 26 87 82 91 beim Natur- & Geopark.

**Sonndes, den 22. Mäerz** spillt den Ensembel Ad Libitum (Dir. Rosch Mirkes) – G.F. Händel, Uergelconcertoen. Uergel: Jos Majerus.




**Samschdes, den 18. Abréll** vu 14:00 bis 19:30 Auer organiséiert de Badminton Club Regioun Mëllerdall en Hobbytournoi an der Sportshal zu Waldbëlleg.

**Samschdes, den 9. Mee** invitéiert d'Société préhistorique luxembourgeoise op en Tréppeltour „Spueren um Fiels", op der Sich no virgeschichtleche Spueren am Sandstee vum Mëllerdall.

Et geet lass um 14 Auer um Parking vum Beeforter Schlass. Et ass gratis, mee et muss ee sech umellen um Telefon 26 87 82 91 beim Natur- & Geopark. Gutt Schong si geroden.

**Sonndes, den 10. Mee** spillen am Kader vum Uergelfestival d'Stefanie Duprel an de Francis Lucas: „duo cembalorgano" – Musek fir Cembalo an Uergel.

**Samschdes, de 16. Mee** séngt am Kader vum Uergelfestival de Kannerchouer aus dem Stater Conservatoire „Fortissimo", Sylvie Serra (Dir.), Marc Loewen (Uergel).

**Samschdes, de 16. Mee** ass d'Journée du Grand-Âge vu Jonk an Al um Kärespäicher op der Heringer Millen.

**Sonndes, de 17. Mee** spillen de Paul Kayser (Uergel) an de Semjon Kalinowski (Braatsch) „Spirit of Hanse" – un voyage musical à travers des villes hanséatiques.

**Sonndes, den 31. Mee** ass e Recital mam Michel Krier (Uergel). Dëst Event ass den Ofschloss vun de Concerte vun den Uergelfrënn am Kader vun hirem Jubiläum.

**Sonndes, de 14. Juni** ass vun 10 bis 18 Auer Porte ouverte bei der Société préhistorique luxembourgeoise am Mëllerdall am alen Hotel Cascades.

Dat ass am Kader vun den Europäeschen Archeologiedeeg. Jiddweree kann do Fondstécker matbréngen, fir den Avis vun de Membere vun der S. P. L. ze kréien.

Et ass och um 14 Auer en archeologeschen Trëppeltour vum Hotel Cascades aus virgesinn.

**Dënschdes, de 16. Juni** feiere Jonk & Al Mammendag vu 14 bis 17 Auer um Kärespäicher.

**Donneschdes, den 18. Juni** kënnt de FUUSS 2026-2 eraus.

**Dënschdes, de 6. Oktober** feiere Jonk & Al Pappendag vu 14 bis 17 Auer um Kärespäicher.

**Donneschdes, den 22. Oktober** kënnt de FUUSS 2026-3 eraus

**Dënschdes, de 17. November** gëtt et vu 14 bis 17 Auer Kiermeskuch bei Jonk & Al um Kärespäicher.



*Foto: Damaris*

**Samschdes, den 12. Dezember** invitéiere Jonk & Al op hir Chrëschtfeier an d'Cafeteria vun der Sportshal zu Waldbëlleg.

De **Bicherbus** steet de 26. Mäerz, de 16. Abrëll, de 7. an den 28. Mee, den 18. Juni, den 9. an den 30. Juli tëscht 10:55 an 11:25 Auer beim Fussballsterrain zu Chrëschtnech.

Weider Datumer stoungen um Datum vun eiser Remise vun den Artikelen nach net zur Verfügung.

Ënner ***www.bicherbus.lu*** fannt Dir all weider Informatiounen.

## GEMENGEROT

D'Sëtzunge vum Gemengerot si fir d'Zäit vun den Ausbauaarbechten um Hentgesbau am Veräinsbau zu Chrëschtnech. Jiddweree ka kucken a lauschtere kommen.

Virgesi sinn de **25. Mäerz** ëm 18 Auer an den **12. Mee** ëm 19 Auer. Méi Terminer goufen nach net festgeluecht.

Fir ze wëssen, ob déi Datumer effektiv esou kënnen agehale ginn, kuckt am digitale Reider op ***waldbillig.lu*** ënner Quotidien. Do steet och den Ordre du jour.

## LABOMOBILE



De **Labomobile** steet **ëmmer méindes** zu Chrëschtnech bei der Kierch tëscht **07:00 an 8:30 Auer.**
Et muss een e RV buchen, op ***www.labomobile.lu***




## RESTAURANTEN A CAFÉËN

**La Bottega-Gudde Kascht** vum Ben Weber a senger Fra Alexandra Pancher ass vun dënschdes bis sonndes op. Bei hinne fannt Dir vill Produiten aus der Regioun an och dem Ben Weber seng eege Kreatiounen. Dir kënnt och sur place eppes drénken a schneeken.

D'Ëffnungszäiten a méi Informatioune fannt Dir op: ***www.guddekascht.lu***

Der **Brasserie Heringer Millen** hir Ëffnungszäiten an hir Kaart fannt Dir op hirem Site ***www.heringermillen.lu***
Aktuell ass si vun donneschdes bis sonndes op.
Déi Horairë wäerten awer fir d'Fréijoer an de Summer nees änneren.

E-Mail: ***moien@heringermillen.lu*** Tel. 26 95 95 99

Den **Hotel Le Cigalon** ass zou bis Enn Februar/ Ufank Mäerz.

E-Mail: ***cigalon@pt.lu***
Internet: ***www.lecigalon.lu***
Tel. 79 94 95

De **Café Dina** zu Waldbëlleg huet ausser donneschdes all Dag op. Iesse just op Bestellung.

Tel. 621 31 83 69

De Restaurant **Petite Suisse Country Club** um Chrëschtnecher Golf ass de Moment vun donneschdes bis sonndes op. Dës Auerzäite wäerte fir d'Fréijoer an de Summer nees änneren.

All d'Informatiounen an d'Kaart fannt Dir hei: ***petitesuissecountryclub.lu/restaurant***

Adress: Petite Suisse Country Club, 46, am Lahr, L-7641 Chrëschtnech. Tel. 87 83 83-333



*Foto: Damaris*

DE FUUSS
**als PDF online!**

Foto: Damaris



WALDBËLLEG

COMMUNE DE WALDBILLIG